



► **Une voix.**- Très bien!

(*Interruption*)

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- ... och, Här Wagner, dat weess all Mënsch!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Jo, mee dat ass ... Wësst Der, ech ka mech moies an de Spigel kucken.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Ech och.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Jo, mir hunn net déi selwecht Wäerter. An d'ailleurs, dat wonnert mech och net, datt den Här Galles, deen huet d'LSAP, kann ee soen, vläicht lénks iwwerholl, den Här Galles, wann hie sech fir déi Leit engagiert, dat ass justement, well hie weess, wat Chrëschtentum ass. Dat ass och e Glawen an de Mënsch. Dat ass keng folkloristesche Veranstaltung, wéi déi Riets dat ëmmer esou mengen. Dat ass och dat, wat Der net esou richtig verstitt.

Ech sinn och frou justement, datt den Här Galles déi Fro ugeschwat huet, well mir wäerten dee Projet de loi selbstverständlech matdroen. Mee virun e puer Deeg hunn de Marc Baum an ech selwer eng Question parlementaire gestallt un den Här Asselborn an un d'Madamm Cahen, déi natierlech net hei sinn, fir justement d'Fro opzeweier vum de Leit, déi an enger irregulärer Situatioun hei zu Lëtzebuerg sinn an déi am totalen Denuement sinn.

Et ass geschwat ginn, also do sinn Artikele komm och iwwert d'ASTI, déi sech ëm déi Leit zesumme mat der Œuvre Grande-Duchesse Charlotte musse bekëmmere, well leider de Familljeministère net vill mécht. An Dir hutt Leit, déi natierlech am Normalfall schwaarz schaffen, vläicht am Horeca, als Botzfraen an esou weider, an déi elo guer, guer näischt méi hunn. Dat ass eng katastrophal Situatioun fir Honnerten, wann net Dausende vu Leit, haaptsächlech aus Brasilien, Kamerun, Cap-Vert an esou weider.

Déi Leit si scho laang hei. Déi Leit wäerten och hei bleiwen, zemoos wann ee bedenkt: D'Brasilianer, also déi ginn ... Wann ee weess, wien un der Muecht elo ass: E rietsextreeme Psychopath, wou ee wierklech dovunner kann ausgoen, datt déi a Brasilien - ech weess, vu wat ech schwätzen, et betrëfft mech an der Famill jo och e bëssen -, déi ginn dëst Joer net méi zrëck, vläicht d'nächst Joer och net méi zrëck. Dat ass wierklech eng katastrophal Situatioun. Et ass natierlech net nëmme Brasilien, mee et si vill Länner, do hutt Der wierklech immens vill Leit, déi sinn elo am totalen Denuement.

Dat bedeit och ... Zemoos fir Fraen, ech brauch lech kee Bild ze molen, wat dat fir Frae ka bedeiten, wa se emol net méi schwaarzschaffe kënnen, zum Beispill als Botzfra oder am Horeca, wat se alles vläicht musse maachen, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Ech brauch lech kee Bild ze molen! Dat ass näischt Schéines. Ech mengen, mir mussen elo aver, an dat ass d'Fro, déi mer gestallt hunn: Engersäits, wat géif d'Regierung elo maachen, fir deene Leit direkt ze hëllefen, wuel wëssend datt déi Leit och Angscht hunn, well se net gepëtzt wëlle ginn? An anerersäits menge mer, datt een eppes misst maachen, wat och scho gemaach ginn ass, souguer vum Här Frieden, dat ass, datt een eng Regulariséierung mécht iergendeng Kéier.

Well maacht lech keng Illusion, déi Leit bleiwen hei! Déi Leit wäerten heibleiwen. Si schaffen och hei. Ech hu léiwer, si schaffe regulär wéi irregulär. Et ass besser fir jiddereen: fir eis Gesellschaft, fir de Staat souguer an och fir déi Leit a fir d'Gesondheet. An dann, wa mer wierklech net wëllen, datt gewësse Leit, déi an där Irregularitéit sinn op Joren an op Joren, sech mussen duerchschoen, wa mer wierklech net wëllen, datt se Saache maachen, déi net onbedéngt konform mat der Legalitéit sinn, da muss ee vläicht dee Schrëtt elo eng Kéier huelen. Wann den Här Frieden dat deemools konnt, da misst déi heite Regierung dat och kënnen.

Ech weess, datt déi zoustänneg Ministeren elo net do sinn. Mir hunn déi Fro gestallt. Ech wär awer frou, mir wär wierklech frou a vill Leit wiere frou, wann d'Regierung dee couragéierte Schrëtt géif maachen. Humanismus, dat ass awer och eppes Konkreetes, grad an enger Krisenzäit musse mer dee Schrëtt maachen. Dann hu mer wierklech Existenz gerett, litteralement.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. Leschten ageschriwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hat elo e bëssen d'Gefill, am falsche Film ze sinn, well mer iwwer e Gesetzesprojet à l'appui schwätzen an eng fundamental Diskussioun ënner anerem iwwer Rassismus an iwwert d'Recht vu Leit, do ze liewen, wou se wëlle liewen, féieren.

Ech erënnere mech dorunner, datt mer och hei am héijen Haus scho vu Politiker, och vun der Regierung den Term zum Beispill „nigerianesch Mafia“ an enger Kommissioun ze héiere kruten, iwwregens en Term, géint dee mir eis als Piraten vehement gewiert hu mat engem Bréif och un de Chamberspräsident, datt een net esou rassistesch Termen, déi eppes reng op eng Nationalitéit oder reng op eng Hautfaarf limitéieren, soll benotzen. Well hautdesdaags geet et net méi duer, kee Rassist ze sinn. Hautdesdaags muss een Antirassist sinn!

(*Interruptions*)

Dat als Éischt emol gesot. Här President, ech hunn d'Wuert, wannechgelift.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Genau! Den Här Clement huet d'Wuert.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President.

(*Interruption par M. Fernand Kartheiser*)

Am Kader vun der Coronakris ...

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannechgelift, Här Kartheiser, den Här Clement huet d'Wuert, hunn ech just gesot.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Dierf ech wannechgelift eng Fro stellen?

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Dat kënn Der dann duerno maachen.

Sout, Här Clement, elo ass déi néideg Rou erëm do. Dir kënn elo weiderfueren.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Am Kader vun der Coronakris war et fir d'Europäesch Unioun immens wichteg, eng kohärent Politik vun hire Baussegrenzen ze verfolge. Dorop huet d'Kommissioun och méifach higewisen. Dës Kohärenz war innerhalb vun Europa net ëmmer wierklech do. Verschidde konservativ Politiker hu gemengt, et kéint een de Virus u Landesgrenze stoppe respektiv se misste bei hire Wieler den Haarde markéieren an d'Grenzen zoumaachen, fir no banne Stärkt ze weisen. Dat ass iergendwéi eppes, wat heiansdo esou e Gest ass fir ze weisen: „Ech sinn dee Staarken, dofir maachen ech d'Grenzen zou!“ A wie bestrofe se domadder? Ma genau déi, wou se argumentéieren, se wëlte se schützen.

Also ech ginn dem David Wagner do schonn e bësse Recht, datt et e bëssen Hypokrisie ass ze mengen, andeem ee grad déi Schwächste géint aner Schwaacher ausspillt, datt een doduerjer op eemol en Haarde wär. Dat ass nämlech bei Wäitem net esou. An ech mengen, datt dat éischter en Aarmutszeugnis fir déi Politiker ass, déi gemengt hunn, e Virus, deen iwwert d'Loft iwwerdroe géif ginn, géif op enger Grenz, déi op Pabeier definéiert ass, Halt maachen. E Virus ass net esou intelligent, datt en iergendeen Traité vun anno Tubak liese kann a weess, wou eng Grenz ass. E Virus ass esou domm, datt en tatsächlech déi Grenzen einfach ignoréiert.

A wie mengt, mat Grenzenzoumaache géif e Virus sech stoppe loosse, deen huet, mengen ech, an der Bio net opgepasst.

Här President, mam Règlement grand-ducal vum 18. März 2020, dee verschidde Mesuren am Kader vun der Lutte géint de Covid-19 virgesinn huet, ech mengen, mir kennen en all, goufen och hei Dispositiounen betreffend Immigration aus Net-EU-Staaten agefouert.

De Projet de loi, iwwert dee mer grad schwätzen, gesäit vir, verschiddener vun dese Mesuren, notament déi, déi am Artikel 13 a 14 vun deem Règlement grand-ducal virgesi waren, ze verlängeren.

Mir erlabe mat deemem Projet zum Beispill enger Persoun, déi den 1. Januar zu Lëtzebuerg ukomm ass, hiren Delai fir d'Demande vum Titre de séjour ëm e puer Méint ze verlängeren. Déi Titres de séjour, déi ofgelaf sinn, ginn iwwergangsweis verlängert. Bref, all déi Mesuren, déi vun all deene Virriedner schonn explizitt duergestallt gi sinn.

Ech mengen, datt een, wann een iwwert déi Mesur schwätzt, wierklech sollt sech drun erënnere, datt zoue Grenzen Lëtzebuerg schiedge kënnen.

Mir hunn et gesinn a mir sollten eis dat och an Zukunft an d'Bewosstsi ruffen. Wat awer de Projet sous avis hei ugeet, wollt ech nach drop hieweisen, datt d'Commission consultative des droits de l'homme an hirem Avis richtig bemierkt huet, datt een d'concernéiert Persoun muss transparent an adequat iwwert d'Modifikatioun am Gesetz informéieren, a well grad bei där Populatioun, déi mer hei viséieren, net onbedéngt Kenntnis vun eisen Amtssprooch

ginn ass, muss dat eventuell och a Sprooch stattfannen an op Moyene stattfannen, déi net jiddwerengem geleeft sinn.

Dat gesot, stëmme mir dese Projet de loi mat, fir eng Sécurité juridique ze schafen a well et eebe wichteg ass, datt Lëtzebuerg och weiderhin eng Terre d'accueil ass an net eng Terre, wou ee Leit, well se eng aner Hautfaarf hunn oder eng aner Nationalitéit hunn, direkt als Mafiosi vernennt.

Ech soen lech Merci.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Clement. Här Kartheiser, elo däreft Der dem Här Clement eng Fro stellen.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Ma da soen ech lech Merci, Här President, an och dem Här Clement, well en d'Fro entgéinhielt. Ech wollt kuerz op de Begrëff vun der nigerianescher Drogemafia agoen, dee, wéi gesot, net vun eis ass, dee mer an de Kommissiounen och vun zoustännege Ministeren héieren hunn, einfach de facto eng Tatsaach, eeben am Abléck. Dat do ass jo am Laf vun der Geschicht och vun anere gemaach ginn. Am Abléck hu mer e Problem eebe mat enger nigerianescher Drogemafia.

Ech wollt den Här Clement froen, wou do dat rassistescht Element ass. Wësst Der, Nationalitéit ass eng rechtlech Kategorie. De Staat Nigeria verdeelt d'Nationalitéit u Leit, dat huet also näischt mat hirer biologescher Konditioun ze dinn. Den Alter, d'Geschlecht an esou weider si biologesch Krittären.

D'Nationalitéit ass eng rechtlech Kategorie, déi vun engem Staat, an deem Fall dem Staat Nigeria, u Bierger verdeelt gëtt no Krittären, déi an hirem Rechtssystem festgeluecht ginn. Dofir wollt ech eebe froen, wann de Staat Nigeria Nationalitéiten no gewësse Krittäre verdeelt, wou do dat rassistescht Element derbäi ass, wa mir dat feststellen, wéi de Staat Nigeria einfach eng Rechtskategorie handhaabt.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Ech soen dem Här Kartheiser u sech villmools Merci fir déi Fro, well et weist wierklech, wéi eng Iwwerzeegungen do derhannert spillen.

Éischtens emol ass net erweisen, datt jiddwereen, dee mat deem Term „nigerianesch Mafia“ zitëiert oder soll, jo, duergestallt ginn, wierklech d'Nationalitéit vum Staat Nigeria huet. Ech mengen, datt mer Krimineller, a virun allem Drogekrimineller, aus enger ganzer Hellewull vu Länner hunn, vun ënnerschiddlechster Hautfaarf an ënnerschiddlechster Nationalitéit. Deementspreechend ze mengen, datt ee seet „nigerianesch Mafia“ an domadder hätt een dann och nëmme Nigerianer getraff, dat ass awer e bësse kuerz gesinn.

Nee, et gëtt hei mat Symboler gespilt. Et gëtt domadder gespilt, datt déi meescht Leit, ech géif soen, déi grouss Majoritéit vun de Leit, déi d'nigerianesch Nationalitéit hunn, eng aner Hautfaarf hu wéi den Duerchschnittslëtzeburger. A genau mat deene Prejugé gëtt gespilt, wann ee seet „nigerianesch Drogemafia“. Well soss géif et duergoen, ze soen „Drogemafia“ an net „nigerianesch Drogemafia“. Do gëtt scho mat Prejugé gespilt. Dat ass dat Éischt.

An dat Zweet ass: Wie wierklech mengt, wie wierklech mengt, datt d'Nationalitéit direkt emol exclu wär vu Rassismus, dee vergësst, datt bei deene meeschte Staaten d'Nationalitéit duerch d'Gebuert an deem Staat oder vun Elteren an deem Staat kënn an datt dat net e fräie Choix vun deem jeeweilege Bierger ass.

Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Schwätzt eis och nach e bësse vun der italianeescher Mafia!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Gutt, Här Clement.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot als Verrieder vum Här Asselborn. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie, en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile*.- Merci, Här President. Ech géif fir d'Éischt gären de Jean Asselborn excuséieren, deen haut effektiv net konnt hei si fir dese Projet.

Ech géif gären dem Rapporteur Yves Cruchten Merci soen. Wéi hie gutt erkläert huet, ass dese Projet de loi en fait just do, fir verschidde Mesuren am Beräich vun der Immigration an de Baussegrenzen, déi während dem État de crise

gehofft houfen, fir e puer Méint ze verlängeren. Dës Mesurë betreffe souwuel d'Legalitéit vum Openthalt vun eise Matbierger aus Drëttstaate wéi déi temporaire Verlängerung vun dem sougenannten „entry ban“ op eiser Baussegrenz, deen EU- a Schenge-wäit am Ufank vun der Kris en place gesat ginn ass.

Et handelt sech hei also wierklech ëm eng Eentzu-eent-Emsetzung vun den europäeschen Decisiounen, déi ganz enk zesummenhänke mat der Covid-19-Kris, an net ëm eng grondleend Debatt ronderëm eis Immigratiounspolitik.

Trotzdem géif ech der Chamber gäre Merci soe fir dee gudden Debat. Ech huelen och all déi Ureegungen, déi gemaach goufe vun deene verschiddene Riedner, natierlech mat a wäert dat dann och mam Ausseminister diskutéieren.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Fayot. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7585. Den Text steet am Document parlementaire 7585⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7585 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Mir kommen elo zum Vote par procuration.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass de Vott ofgeschloss. De Projet de loi 7585 ass mat 56 Jo-Stëmme bei 4 Abstentiounen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par M. Michel Wolter), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass also esou decidéiert.

6. 7559 - Projet de loi visant à mettre en place un régime d'aides en faveur des projets liés à la lutte contre la pandémie du Covid-19

Als nächst kënn de Projet de loi 7559, eng Aféierung vu Bähëllefen zugongschte vu Projeten, déi d'Covid-19-Pandemie bekämpfen. An ech ginn direkt d'Wuert un de Rapporteur vun deemem Projet de loi, den honorablen Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

► **M. Claude Haagen** (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Mat dem Projet de loi 7559 wäerte mir d'Dispositiounen unhuelen, fir deenen Entreprises hei am Land eng finanziell Hëllef zoukommen ze loosse, déi ee Projet d'investissement oder ee Projet de recherche et de développement ugin, fir géint d'Covid-19-Pandemie ze kämpfen.

Den Text vum Projet de loi ass esou ausgeluecht, datt et méiglechst weëneg Prerequisite ginn. D'Entreprise muss kënnen eng Autorisation d'établissement virweisen a se däreft net a grave finanzielle Schwierigkeete gestanen hu virum 1. Januar vun deemem Joer.

D'Pandemie ass fir all Land op deser Welt eng Iwwerraschung am negative Sënn gewiescht,



där hir Envergure sech elo lues a lues ëmmer méi weisen an haut och immens heftig an nach ëmmer ongewëss sinn.

Et huet misse séier an determinant gehandelt ginn. Dofir huet de Wirtschaftsministère iwwer e Règlement grand-ducal am Kontext vum État de crise schonns e Régime d'aides en place gesat, fir d'Entreprises ze incitéieren, esou ee Projet d'investissement oder Projet de recherche et de développement unzegoen.

Fir datt dëse Régime d'aides ka weidergefouert ginn, stëmme mir haut iwwert dësen Text of. De Règlement grand-ducal wäert deementsprechend och ausser Kraaft trieden, wann dësen Text en vigueur trëtt.

Am Ënnerscheid zu der Panoplie vun aneren Hëllef, déi d'Entreprises an deene leschte Méint finanziell entlaascht hunn, andeems se d'Liquiditéiten an der Tresorerie vun den Entreprises assuréiert hunn, ass den Objet vun dëser Hëllef eng aner.

Déi Projeten, déi hei ënnerstëtzt ginn, kënnen ënnerschiddlech Formen unhuelen. E Projet de recherche industriel oder de développement expérimental kann zum Beispill en Impfstoff sinn, mee och Ventilateurs, Instrumenter zur Diagnos oder Schutzkleedung. Hei hält de Staat 80 % vun den admissible Käschten en charge, à moins et handelt sech ëm e Projet de recherche fondamental, an deem Fall hält de Staat d'Käschten integral en charge. Zu de Käschten, déi ugerechent ginn, zielen notament d'Personalkäschten, déi néideg technesch an informatesch Equipementer, déi mussen ugeschafft ginn, oder beispillsweis och nach d'Käschte vun de Gebailechkeete während der Zäit vun der Recherche. Wann d'Entreprise Equipementer notzt, déi se scho virdrun hat, gëtt den Amortissement während där Zäit vum Projet ugerechent.

En aneren Typ vu Projet, dee schonn ernimmt ginn ass, sinn d'Projets d'investissement fir d'Produktioun vu pertinente Produiten am Kader vun der Lutte géint de Covid-19. Dat kann zum Beispill d'Produktioun vu Masken oder vu medezinneschem Material sinn, déi an eise Kliniken zum Asaz komme kënnen.

Och hei gëllt, datt de Staat déi admissible Käschten zu 80 % en charge hält mat enger Majoratioun vu 15 %, wann de Projet d'investissement innerhalb vun zwee Méint no der Demande ofgeschloss ass. De Projet d'investissement muss a sechs Méint spëtstens kënnen ofgeschloss ginn.

Déi zwee Typen vu Projeten, bei deene gëtt et eng Majoratioun vu 15 %, wann de Projet am Sënn vun enger grenzüwwerschreidender Kooperatioun vun engem aneren EU-Memberstaat matgedroe gëtt.

Dëse Regime, dee schafft also an engem Krisekontext och d'Viraussetzung, fir manner ofhängeg ze si vun Drëttstaate bei der Entwécklung respectivement der Produktioun vu strateegesche Gidder. Bis zum 10. Juni, krute mer gesot an der Kommissioun, si ronn zwielef Projekte beim Ministère schonn ënnerbreet ginn.

Déi concernéiert Entreprises, déi sech lancéiert hunn, ginn awer och net am Stach gelooss am Fall, wou si eng Perte maachen. De Staat iwwerhëlt och do seng Verantwortung a bezitt eng Couverture, déi natierlech ofhängeg ass vun der Durée vun der Produktioun. Dës Couverture geet bis 30 % vun der Perte a bis ee Montant vu 500.000 Euro.

De Staatsrot hat a sengem Avis vum 28. Abrëll dräi Opposition-formellen zum Ausdrock bruecht, déi awer alleguerten duerch Amendementen an der zoustänneger Wirtschaftskommissioun hu kënnen opgehewe ginn. Et waren éischter Prezisiounen an der Formulatioun, zum Beispill hat d'Notioun vun der „Clôture vum Projet“ hei am initialen Text zu enger Insécurité juridique gefouert, well net op alle relevante Plazen am Text déi nämmelech Terminologie genotzt gi war. Och bei der Rechnungsmethod vun enger eventueller Perte, déi vum Staat zu 30 % ze couvréiere wier, ass iwwer en Amendement elo definitiv Kloecheit geschaf ginn.

D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis grondsätzlech den Objet vun dësem Text begréisst. Si fuerdert allerdéngs, datt d'Couverture vun der Perte misst op 50 % eropgeschrafft ginn. Dës Fuerderung ass sécherlech en ligne mam Rôle, deen eng Handelskummer ze verdeedegen huet. Eng ginn awer hei ze bedenken, datt d'Couverture de perte jo zousätzlech zur eigentlecher Hëllef derbäikënnst an datt de Gesetzestext domadder och generéis ass.

D'Handelskummer gëtt doriwwer eraus ze bedenken, datt déi Hëllef och misst kënnen Entreprises zougängelech sinn, déi keng Autorisation d'établissement hunn. Och hei hate mer an der Kommissioun driwwer geschwat. An et muss een och constatéieren, datt virun allem gréisser Entreprises déi entsprecheend Produktiounskapacitéiten en charge geholl hunn,

déi souwisou eng Autorisation d'établissement hunn.

Déi Entreprises, déi keng Autorisation d'établissement hunn, kënnen beim Depot vum Projet, deen an dëse Kader fällt, eng Autorisation d'établissement ufroen a ginn domadder eligibel, wann natierlech och de Projet eligibel ass. Aneschtens besteet och nach ëmmer de Programm iwwer de Wirtschaftsministère vu StartupsVsCovid19, wou déi Entreprises och drapassen.

Eng aner Fro an der Kommissioun, déi diskutéiert ginn ass an déi och opgeworf ginn ass vun där zoustänneger Kummer, waren d'Avancé bei de Projeten an och de Remboursement vun de Frais, deen iwwert de Wirtschaftsministère souwisou bei deene Projeten alleguete gemaach gëtt bis dee Montant, vun deem awer 20 % bis 30 % bis zu der Clôture vum Projet zrëckbehale ginn, soudatt och de Remboursement des frais garantiert ass.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Haagen. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Merci, Här President. Ech fänken u mat engem grouse Merci un eise Rapporteur fir säin exzellente schrëftlechen an och elo mëndleche Rapport. En huet eigentlech déi weesentlech Punkte vun dësem Projet am Detail resuméiert.

Ech wäert och direkt all Spannung virwechhuelen: Mir wäerten dësem Projet eis Zoustëmmung ginn. Firwat?

Fir d'alleréischst, an dat ass och schonn aus den Explikatiounen vum Här Rapporteur erausgaangen: Hei geet jo d'Wirtschaft sech investéieren a Projeten um Niveau vun der Recherche an der Innovatioun am Kampf géint dee Virus do. An dat ass eigentlech och extreem positiv vu groussen, mëttleren, awer och klengen Entreprises.

En zweete Punkt, firwat dee Projet wichteg ass: Mir hunn hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer e ganz staarkt Gewicht op Recherche an Innovatioun gesat am Kader vun der Uni, awer och am Kader vu ganz villen aneren Organisatiounen. An ech fannen, et ass wichteg, datt domadder och all déi Entreprises, déi an der Recherche an an der Innovatioun och op dësem Niveau Bekämpfung vu Virussen aktiv sinn, och hei déi Ennerstëtzung kreien, déi an deem Projet de loi virgesi sinn.

Dat heescht fir eis: D'Stoussrichtung vun deem Projet ass richtig. Déi Montanten, déi virgesi sinn, sinn och fir eis adaptéiert, soudatt mer do kënnen dermat liewen.

Mir hunn awer zwee gréisser Bemolle mat deem Projet. An do muss ech awer nach eng kéier drop agoen. Den Här Haagen huet se zwar schonn zitéiert. Ech fänken elo mat deem un, dee vläicht manner wichteg ass, awer och net onwichtig. Dat ass dee vun den Avancen, déi hei einfach net bezuelt ginn. Déi Projekte ginn herno eréischt ausbezuelt, wa se fäerdeg sinn.

Et muss een hei wëssen, et huet een net nëmmen - contrairement zu deem, wat den Här Rapporteur gesot huet - mat ganz groussen Entreprises ze dinn. Hei sinn och ganz vill klenger, déi net onbedéngt déi Projekte kënnen virfinanzéieren, déi also frou wieren, wa se do Avancé kréichen. Aus Grënn, déi fir mech net onbedéngt ersichtlech sinn, déi den Här Minister eis an der Kommissioun ginn huet, schéngt dat hei net méiglech ze sinn. Dat bedauere mer, dat bedauere mer!

Wann dat da wierklech an den europäeschen Texter esou festgeluecht ass, da géif ech op jidde Fall en Appell och un d'Regierung maachen, datt mer déi Texter géifen änneren, well ech fannen, déi si wierklech net am Interêt vun der Wirtschaft an och net am Interêt vun der Recherche an der Innovatioun.

Do, wou mir awer fundamental e Problem hunn, Här President, an dat huet elo awer eng gewësse Systematik, dat ass, datt bei alle Projeten, déi mer elo am Kontext vum Covid geholl hunn, déi Hëllef virgesinn, quasiment ëmmer systematesch Entreprises ausgeschloss ginn, déi keng Handelsgeneemegung hunn. Dat hu mer scho bei enger Rei vun anere Projeten thematiséiert. E Samschdeg kommen der och erëm zwee, wou mer déi selwecht Problemer hunn.

An ech muss lech einfach soen: Ech fänken un, dat doten net méi kënnen nozevollzéien! Mir hunn all kéiers erëm déi Fro do gestallt, well mir net déi Eenzeg sinn. Déi Kritik do gëtt permanent vun alle Chambre-professionellen ëmmer erëm soulevéiert, notament erëm an dësem Projet vun der Chambre de Commerce, vun aneren. An trotzdeem fiert d'Regierung

einfach nëmmen esou virun, wéi wann dat hir egal wier.

Bis elo hu mer dann ëmmer déi Explikatioun kritt, jo, dat wären zum Deel Aiden, déi géife vum Ministère des Classes moyennes attribuéiert ginn, an do wär eng Konditioun, datt een eebe misst eng Handelsgeneemegung hunn. Ech loossen déi Argumentatioun elo mol esou am Raum stoen.

Hei si mer awer elo an engem total anere Film. Hei si mer net méi an der Kompetenz vum Mëtzelstandsministère, hei si mer an der Kompetenz vum Wirtschaftsministère. An do ass et fir eis awer net novollzéibar, datt erëm eng kéier hei déi Entreprisé virun der Dier stoe gelooss ginn.

An hei mengen ech - an ech kucken nach eng kéier de Wirtschaftsminister -, mir wëssen, datt et ganz besonnesch am Kader vun der Recherche effektiv ganz vill kleng Startupe gëtt, an déi brauchen, Här Minister, keng Handelsgeneemegung. Déi sinn nach net um Niveau vun der Produktioun oder vun der Kommerzialisatioun. Déi sinn um Niveau vun der Entwécklung vun engem Produit an déi brauche keng. D'Chambre de Commerce huet dat à d'itératives reprises scho geschriwwen. An Dir setzt lech einfach doriwwer ewech a kommt mat Explikatiounen, déi fir eis op jidde Fall net justifiéiert sinn! An Dir maacht quasiment do engem ganze Secteur et onméiglech, vun dësen Hëllef ze profitéieren. Dat ass fir eis wierklech net am Sënn vun der Saach.

Duerfir erlaben ech mer, hei am Numm vu menger Fraktioun eng Motioun ze deposéieren, wou mer nach eng kéier froen - elo net fir dëst Gesetz, well dat ass jo schonn ze spët, mee fir an Zukunft all d'Gesetzer, déi kommen -, datt Der wierklech dee Punkt do vun deenen Handelsgeneemegungen nach eng kéier op de Leescht huelt an net vu vireran einfach do e ganz groussen Deel vun der Wirtschaft ausschléisst, andeem Der dat als eng Conditio sine qua non an déi Projet-de-loien erasetzt.

Ech géif lech wierklech bidden, Här Minister, lech dat doten nach eng kéier unzucken, well ech menge wierklech net, datt dat do am Sënn vun der Saach ass, esou wéi dat am Moment praktizéiert gëtt. Ech deposéieren also heimadder déi Motioun.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- revu la question parlementaire n° 2037 ayant trait à la production nationale de masques de protection ;

- revu le règlement grand-ducal du 8 avril 2020 adopté sur base de l'article 32, paragraphe 4 de la Constitution et ayant pour objectif d'apporter un soutien financier aux grandes entreprises et aux PME pour des projets de recherche industrielle et de développement expérimental, ou d'investissement pour la production et le développement de produits contribuant à combattre la crise sanitaire liée au Covid-19 ;

- considérant les limites du dispositif légal et réglementaire au niveau des entreprises bénéficiaires, et notamment l'exigence d'une autorisation d'établissement qui peuvent avoir pour effet d'exclure des porteurs de projets et mettre obstacle à l'ambition affichée du Gouvernement ;

- rappelant à cet égard l'avis de la Chambre de Commerce au sujet du projet de loi sous rubrique explicitant que le fait qu'exclure les projets portés par de telles entreprises conduirait à exclure potentiellement des solutions viables pour lutter contre le Covid-19, chose que l'on ne peut se permettre de faire au vu de la situation mondiale et en considération des déclarations de l'OMS ;

- considérant entre autres la déclaration de l'Organisation mondiale de la santé (OMS) et d'autres acteurs de la santé du 24 avril 2020 s'engageant, tout en lançant en même temps un appel à l'action, pour une collaboration mondiale pour accélérer la mise au point, la production et l'accès équitable à de nouveaux produits de diagnostic, traitements et vaccins contre le Covid-19 ;

- appelant de nos vœux qu'un accès équitable à des outils innovants contre le Covid-19 soit assuré à tous et partout ;

- que les activités des entreprises et soutenues par le Gouvernement soient exécutées dans l'optique d'un accès universel et juste des produits contribuant à combattre la pandémie liée au Covid-19 ;

- saluant sous cet aspect que le projet de loi sous rubrique oblige une entreprise bénéficiaire à s'engager à octroyer des licences non exclusives à des conditions de pleine concurrence et de manière non discriminatoire à des tiers intéressés de l'Espace économique européen,

invite le Gouvernement

- à envisager, dans un avenir proche, une extension du cercle des entreprises bénéficiaires au vu de projets leur soumis, respectivement des appels à soutien soumis aux services étatiques de la part

d'entreprises ne disposant pas d'une autorisation d'établissement ;

- à évaluer le dispositif légal sous l'aspect d'une collaboration commune et un accès universel aux produits développés au moyen des aides allouées sous les régimes légal et réglementaire susmentionnés.

(s.) Laurent Mosar, Léon Gloden, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Ech kommen zum Schluss. Mir sinn also mat deem Projet do averstanen. Mir wäerten en och stëmmen.

Erlaabt mer awer ganz kuerz, generell nach zwou, dräi Remarken ze maachen iwwert d'Situatioun vu ganz ville Kleng- a Mëtzelbetriber. Mir hu gëschter aus dem Mond vum Dan Kersch héieren, datt de Chômage nach substantiell an d'Luucht wäert goen. Dat heescht, mir sinn eréischt am Ufank vun dëser Kris a mir sinn nach laang net aus där Kris eraus!

D'Regierung huet, an dat gi mir ganz gär zou, eng ganz Rei vu gudden Initiative geholl. De Chômage partiel ass eng, a mir begreifen och, datt dee bis zum Enn vum Joer verlängert gëtt. Mir sinn och frou iwwert déi Mesure vun de Moratoiren, esou wéi mer och all déi Mesurë begreifen vun direkten Aiden un Entreprises.

Dat wat awer manifestement net gutt geklappt huet - an dat muss een einfach elo eng kéier hei feststellen, an ech sinn och net méi d'accord mat all deenen Excusen, déi kommen -, dat sinn déi Staatsgarantiepräten. Bis elo hunn déi net fonctionéiert. An dat muss een einfach och esou unerkennen! Et sinn net nëmme mir, déi dee Constat maachen, mee generell mécht d'Wirtschaft dee Constat.

Mir hu bei de Moratoiren, Här Wirtschaftsminister, 18.000 Demanden! Dat weist, wéi gutt datt déi Mesure ukomm ass. D'selwecht bei den Aide-directen. Do sinn och Dausende vun Demandë gemaach ginn. Op där anerer Säit hu mer hei ganz genau 186 Demanden! Do gesäit een, datt dat einfach eng Mesure ass, déi net de Besoin vun den Entreprises hei entsprécht.

Wat mir dofir nach eng kéier wëlle soen: Ech mengen, et ass wichteg, datt mer d'Zukunft och elo preparéieren, fir wann déi Moratoiren eriwier sinn, Här Wirtschaftsminister. A mir géifen lech elo schonn hei wierklech un d'Häerz leeën ze iwwerleeën, ob een net déi Moratoire kéint iwwert d'Enn vum Joer verlängeren, well et wierklech eng Mesure ass, déi effikass ass.

Dat Zweet, an dat muss ech awer wierklech och nach eng kéier hei soen: Mir verstinn net, nodeem ganz vill Gemenge grouss Efforte gemaach hunn, fir hire Locataire de Loyer ze schenke während där Kris, datt de Staat nach ëmmer déi dote Mesure net geholl huet. Mir wëssen, wéi schwéier ganz vill Locataire et hunn, fir hir Loyer ze bezuelen. Gemengen, déi net d'Moyenen hunn, och wéi d'Stad Lëtzebuerg, hunn trotzdeem hire Locataire déi Loyere geschenkt. De Staat mécht dat net! Dat ass fir eis einfach onverständlech!

An dann e leschte Wonsch, deen ech awer wierklech hei nach eng kéier géif artikuléieren, och eng Kritik, déi een oft héiert, Här Wirtschaftsminister: Dat ass, wat d'Hëllef en ausbezuelen ubetrëfft. Dat ass vläicht och elo éischter eng Demande, déi Der kënnst un den Här Delles virurechen. Mir kréien nach ëmmer gesot, datt ganz vill Efforte gemaach ginn - och e Respekt fir all déi Beamten -, mee datt nach ëmmer ganz vill Demanden do zwëschent de Raster falen, well déi Kritären do awer heiansdo vill ze vill streng applizéiert ginn. Ech géif lech wierklech och nach eng kéier mat op de Wee ginn, dat nach eng kéier ze kucken, well notament bei där enger Aide, an déi Zuelen hu mer jo d'lescht Woch an der zoustänneger Kommissioun kritt, si quasiment d'Hallschecht vun den Demanden net ugehall ginn.

Hei geet et ëm eppes Weesentlech: Et geet éischters ëm eis Betriber, et geet awer och ëm extreem vill Aarbechtsplazen. Duerfir wäre mir lech wierklech dankbar, wann Der lech och elo scho géift iwwerleeën, wat fir eng Mesurë mer och an deenen nächste Méint fir besonnesch déi Kleng- an déi Mëtzelentreprises huelen. Well ech mengen, déi sinn d'Réckgrat vun eiser Lëtzeburger Wirtschaft!

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.



► **M. André Bauler** (DP).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, während der Kris hu mer et gepackt, datt eis dat néidegt Material am Kampf géint de Virus zu kengem Moment ausgaangen ass. Ech denken hei virun allem un Händschen, Masken, Desinfektiounsmëttel a Beootmungsgeräter. Well mer mat enger weltwäiter Pandemie konfrontéiert waren, war et phaseweis immens schwierig, un dëst wäertvollt, awer iwwerliewenswichtig Material ze kommen. All Land huet zur gläicher Zäit eigentlech déi selwecht Saache gebraucht.

Trotz der ugespaanter Situatioun konnt een awer erliewen, dass d'Solidaritéit ënnert den Natiounen groussgeschriww gouf. Länner, déi d'Chance haten, fir méi Material ze hunn a manner Patienten op hirer Intensivstation, hunn hiert Material kuerzerhand anere Länner, déi déi Chance net haten, zur Verfügung gestallt. Dat huet och de Rapporteur Claude Haagen a sengem Rapport betount. An ech wëilt him vun dëser Plaz aus en häerzleche Merci soe fir all seng Prezisiounen.

Dat meescht Material, dat während der Kris gebraucht gouf, gëtt a Länner produzéiert, wou een e ganz laangen Transportwee a Kaf muss huelen an, ech denken, wou net ëmmer d'Produktionsbedingungen déi beschit sinn, souwuel wann een d'Nohaltegkeet au sens écologique kuckt, wéi awer och sozial. Mir wëssen dat. Duerfir ass et wichteg, datt een och Material fënn, dat just e kuerze Wee huet, bis et an eise Kliniken oder op anere Plazen ukënn.

Et war flott ze gesinn, datt eis Industrie esou flexibel ass a Verschiddener kuerzerhand hir Produktionen konnten ëmstellen, fir dat Material hierzustellen, dat grad akut während der Kris gebraucht gouf. Mir wëssen all elo, datt zum Beispill e grouse Produzent vun Tyvek-Schutzkostümer zu Contern schafft, deen eebe Schutzkleeder produzéiert huet oder produzéiert, déi dréngend an eise Klinicke gebraucht goufen.

Aner Betriber hu kuerzerhand eng Produktionslinn ëmgestallt an Desinfektiounsmëttel hiergestallt. Och eis Brenner, eis Destillieren hunn do matgehollef. An net méi spët wéi, ech mengen, et war en Dëschdeg hu mer an der zoustänneger Landwirtschaftskommissioun gesot kritt, datt an deem Beräich nach sollen Efforte gemaach ginn, fir och d'Destillierë méi matanzebezielen an d'Produktion zum Beispill vun Desinfektiounsmëttel. Ech si ganz gespaant, mee et ass awer emol eng flott Iddi.

Aner Betriber hunn Deeler fir Ventilatoren gebaut an nach anerer hunn ugefaangen, Masken ze produzéieren, ob dat dee kleng Schneideratelier war oder e grësseren Textilbetrieb.

Et war flott ze gesinn, datt Deeler vun eiser egener Industrie sou opgestallt sinn, fir kuerzfristeg derzou bäizedroen, Material hierzustellen, wat während enger weltwäiter Pandemie dréngend gebraucht gëtt.

Duerfir begreisst d'DP ausdrécklech dës Gesetzesprojet, dee sécherstellt, datt all déi Betriber, déi hire Bäitrag derzou gelescht hunn, fir duerch dës Kris ze kommen, och finanziell ënnerstëtzt ginn.

An dëser Kris kuum et eis och zegutt, datt Lëtzebuerg während deene leschte Jorzéngte vill Energie a Finanzmëttel an Innovatioun a Fuerschung gestach huet. Ouni Recherche kee Vaccin. An ouni Fuerscher wäerte mer ni kënne verstoen, wéi esou e Virus funktionéiert, wéi e mutéiert a wéi mer en eventuell Meeschter kënne ginn.

Duerfir ass et och wichteg, datt all Projet de recherche, deen derzou bäidréit, de Kampf géint de Virus ze gewinnen, och finanziell ënnerstëtzt gëtt. Ob et ass, fir Medikamenter hierzustellen, e Vaccin ze fannen oder och Tester ze optiméieren, soulaang mer keen Impfstoff hunn, mussen mer léieren, esou gutt wéi méiglech mam Virus ze liewen. Mir brauchen clever an innovativ Léisungen, fir e sécheren Deconfinement ze garantéieren an eng zweet Infektiounswell ze verhënneren.

Méi wéi jee waarde mir gespaant a voller Hoffnung op nei Erkenntnisser aus der Recherche. Et ass duerfir absolutt noutwendeg, dass sämtlech Fuerschungs- an Entwécklungsprojeten ënnerstëtzt ginn, déi eis am Kampf géint de Virus hëlfe.

Léif alleguer, zemools am Kader vun Deconfinement ass et wichteg, esou schnell wéi méiglech innovativ Produkter a Services unzebidden, déi eis virun enger neier Hausse vun Infektiounszuele schützen. Mir müssen eis elo lues a lues nees zréck an den normalen Alldag beweegen, ouni eis Gesondheet op d'Spill ze setzen. Kuerzfristeg sollen dës Hëllefsmoosnamen also

en temporäert zesummeliewe mam Virus eméiglechen a laangfristeg zum Enn vun der Pandemie bäidroen. Duerfir stëmme mir och haut dat heite Gesetz, dat eis et erlaabt, datt dës Hëlfechen och nom Enn vum État de crise kënne gräifen.

Dëst gesot, wëll ech nach eng kéier alle Kolleegen aus der Kommissioun Merci soe fir hir Attentioun. Ech ginn och den Accord vun der Demokratescher Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Bauler. An d'Wuert geet elo un déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova. Nee, et geet direkt weider dohannen un den honorabelen Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Merci, Här President. Och ech wollt dem Claude Haagen Merci soe fir säin exzellente Rapport. Dëst Gesetz ass eng richtig gutt Iddi. An dat mierkt een dorunner, wann een der Handelskummer hiren Avis liest, wou se seet, si géif dëst Gesetz mat „Enthusiasmus“ begrëissen. Trotzdem komme mer net drëm erëm, déi zwee Bemollen, déi schonn opgezielt gi sinn, ze widderhuelen.

Dat Eent ass déi wierklech onsäglech Situatioun vun deenen Autorisation-de-commerce, wou eppes muss ënnerholl ginn. Ech hunn awer haut mat Freed zur Kenntnis geholl, datt et duergeet, déi Demande fir déi Autorisation de commerce zu gläicher Zäit wéi d'Demande fir d'Aide anzerechen. Dat ass jo ëmmerhin emol schonn e Fortschritt.

Dann ass et e richtige Problem, datt d'Hëlfechen eréischt beim Ofschloss vum Projet ausbezult ginn. Et sollen dann Avancé kommen, 20 % oder 30 %. Mee et muss ee bedenken: Dat heite si Projeten, déi ganz oft ganz vill Geld brauche fir d'Recherche, fir d'Fuerschung a fir Investissementer eventuell och a Maschinnen. An do wier et besser gewiescht, dee Prozentsaz méi héich ze setze respektiv déi Aide während dem Projet auszuschëdden.

Trotz dëse ganz kloer Schwaachstelle begrëisse mir als ADR dëst Gesetz a wäerten et och matstëmmen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools Här Reding. An da wier et um honorabelen Här ... Fir d'éischt wëllt den Här Claude Haagen nach eppes soen.

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*.- Jo, ech wollt just eng kleng Prezisioun ginn, well dat elo mat deenen 20 % an 30 % ugekënnegt ginn ass. Am Rapport an och an der Kommissioun ...

(*Interruption*)

Ech wollt just eng Prezisioun ginn zu deenen 20 % an 30 %, well Der dat elo ugeschwat hutt.

An der Kommissioun gouf gesot, wéi och am Rapport steet: D'Avancen oder d'Frais de remboursement ginn ausbezult bis dee Montant an da ginn 20 %, 30 % zréckbehalen. Dat heescht, et gëtt bis 70 %, 80 % ausbezult an da gëtt zréckbehalen, bis de Projet komplett clôturéiert ass.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Haagen, fir déi Prezisioun. An da wier et un der honorabelen Madamm Semiray Ahmedova.

► **Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng).- Merci, Här President. Natierlech wëll ech fir d'éischt Merci soen dem Här Haagen fir den detailléierten an de ganz kloer Rapport. Mir begrëissen natierlech dës Verlängerung vun dësem Hëlfechregimm, deen iwwert den État de crise erausgeet. Och wa mer eis momentan an engem ganz luesen Deconfinement befannen, ass et sécher, datt d'Kris nach ëmmer net eriwuer ass an datt de Virus nach ëmmer present ass.

Mir wëssen haut net sécher, wéi d'Infektiounssituatioun sech an de kommende Méint a Wochen an Deeg iwwerhaupt wäert entwéckelen. Dofir mécht et Sënn, dësen Hëlfechregimm ze verlängeren, fir ënner anerem d'Produktion vu Schutz- a Gesondheetsmëttelen weiderhin ze ënnerstëtzen. Sou wiere mer och besser virbereet, falls elo leider eng zweet Well op eis géif duerkommen.

Vill Entreprisen hunn, wéi dat scho virdrun och ganz kloer illustréiert gouf, während dem Confinement d'Produktion ëmgestallt, fir ënner anerem vläicht Desinfektiounsmëttelen hierzustellen oder nach aner Produiten an deem Kader.

Dës Entreprisë brauchen och weiderhi Planungssecherheet, zemools wa si a Rechercheprojeten oder nach a Produktioun vu Schutzmaterialien am Kampf géint de Covid-19 investéieren. Mat der Verlängerung vun deem Regimm gi mer den Entreprisen dës Planungssécherheet och iwwert den Zäitraum, deen iwwert den État de crise erausgeet.

An domadder ginn ech dann och natierlech den Accord vun eiser grénger Fraktioun.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Ahmedova. Da wier et elo um honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Merci, Här President. Deen Text, dee mer hei elo virleien hunn, geet jo zréck op eng Initiativ vun der Europäescher Kommissioun. An ech wëll virewechschecken, datt mir als Lénk natierlech derfir sinn, datt d'Produktion vu Medikamenter, datt d'Produktion vun Tester, fir Covid ze detektéieren, an datt och d'Produktion vu medezinneschem Schutzmaterial erëm an Europa relokaliséiert gëtt. Awer iwwert déi Aart a Weis, wéi dat hei geschitt, hu mer net nëmme Bauchwee, mee, muss ech soen, hate mer scho carrement Mokrämp.

An dat huet zum Deel mat där Visioun ze dinn, wéi och de Spriecher vun der DP se hei probéiert huet duerstellen. Den Här Bauler huet gesot: „Ben, mir sinn eigentlech ganz gutt duerch d'Kris komm, well mir haten ni wierklech eng Penurie u Material.“ Do denken ech: Mee hunn ech an enger anerer Welt gelieft?!

Mir haten dach keng Masken! Duerfir hat d'Regierung immens vill Problemer, iwwerhaupt doriwwer ze kommunizéieren, firwat een da Maske soll droe respektiv net soll Masken droen.

(*Brouhaha*)

Dat heescht, et ass eng objektiv Penurie ginn!

An déi zweet Ausso, déi den Här Bauler gemaach huet, ass, wéi schéin et war, déi Solidaritéit tëschent den Natiounen. Och do hunn ech mech awer gefrot: So, hunn ech an enger anerer Welt gelieft?!

D'Natiounen hunn hir Grenzen zougemaach! Si hunn hir Produktionen requisitiéiert fir hir eegen Interessen. A genau dowéinst hunn d'Europäesch Kommissioun am Mäerz, wéi eigentlech alleguer d'europäesch Natiounen an de Lockdown gaange sinn, an déi eenzel national Regierungen erstaunt festgestallt, datt d'Gesondheetsmaterial, wat mer bräichten, a China produzéiert gëtt, datt d'Medikamenter, déi mer bräichten, a China, deelweis an Indie produzéiert ginn. A si hunn erstaunt festgestallt, datt vun all deene Saachen, déi mer elo esou dréngend bräichten, näischt méi oder bal näischt méi an Europa hiergestallt ginn ass.

Dat ass de Grond, firwat mer deen heiten Text elo diskutéieren. An et geet zréck op genau déi selwecht radikal Fräihandelspolitik, déi et erméiglecht huet an deene leschte Jorzéngten, datt iwwerhaupt delokaliséiert ginn ass, datt mer näischt méi an Europa selwer produzéieren! An elo, wou d'Kar am Dreck stécht, elo muss dann de Steierzueler asprangen.

Woumat mer et hei ze dinn hunn, dat ass eng Sozialisatioun vun den Investissementen an eng Privatisatioun vun de Profitter! Eng Entreprise, déi bereet ass, zum Beispill eng nei Produktionsanlag fir Masken ze bauen, kritt tëschent 80 % an 100 % vun där neier Anlag vum Staat bezuelt, deelweis inklusiv d'Personalkäschten. D'Profitter, déi se mécht, wa se dem Staat oder de Leit dann herno Maske verkeeft, ka se awer zu 100 % behalen. A wann de Projet net rentabel wier, bezilt de Staat duerno nach souguer en Deel vun de Perten zréck! Also effektiv: Kee Wonner, datt d'Chambre de Commerce Schaum virum Mond vun Enthusiasmus hat.

De Problem ass awer, datt mer och vun der Europäescher Kommissioun eng komplett fragmentéiert Approche hunn. Et ass an der Rei, d'Europäesch Kommissioun huet missen an Urgence handelen. Mee si huet alt erëm eng kéier nees probéiert, dee klengstméigleche gemeinsamen Nenner ze fannen. Iwwerall an Europa ginn elo eenzel Fuerschungsprojeten oder Produktiounen ouni Koordinatioun subventionéiert. Et ass also erëm vun der Europäescher Unioun eng komplett fragmentéiert Approche!

An da stellt sech natierlech d'Fro vun de Perspektiven: „Dat heiten ass eng Mesure d'urgence“, kann ee soen. Et kann een awer och soen, datt et eng kuerzfristeg Verzweiflungstat ass. Well et wäert de Problem vun der Delokalisierung net laangfristeg léisen. A mir stelle fest, datt sech zwar jiddweree schockéiert driwwer weist, mee datt awer keen iergendeng laangfristeg Léisung géint d'Delokalisierungen op den Dësch leet.

Well wa mer vu Relokalisierung schwätzen, da geet dat just, wa géifen d'Länner, an och Lëtzebuerg, essenziell Gidder definéieren an déi virun der auslännescher Produktion schützen. Oder d'Produktion nationaliséieren. An et misst een de Contraire maache vun deem geckege Fräihandel, deen am Moment bedriwwen gëtt.

Aus all deene Grënn, déi ech elo opgezielt hunn, wäerte mir dee Projet hei net matvotéieren, well mer Problemer mat der Approche

hunn a mat der Ëmsetzung. Well mer awer déi kuerzfristeg Necessitéit, déi effektiv objektiv besteet, erkennen, wäerte mer eis enthalten.

Merci.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Baum. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement** (Piraten).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Coronakris huet gewisen, wéi wichteg et ass, an Zukunft verstärkt op d'Fuerschung ze setzen. Wien an der Welt vu muer wëllt e Big Player sinn, dee muss op Innovatioun setzen a Gesetzter maachen, déi dëst och favoriséieren.

► **Une voix.**- Jo.

► **M. Sven Clement** (Piraten).- D'Uni Lëtzebuerg ass e gutt Beispill, unhand vun deem ee gesäit, datt Fuerschung a Politik duerchaus gutt kënnen zesumme funktionéieren. D'Uni war an ass während der Coronakris en zuverlässigen an onverzichtbare Partner gewiescht; wann d'Chamber dann och nach déi jeeweileg Studien ëmmer matzäite gesinn hätt, vläicht souguer nach e besseren. Nëmme mat innovativer Recherche an den néidege finanziellen Mëttel, déi mer den Universiteiten, Instituter an Entreprisen zur Verfügung stellen, kënne mer an Zukunft eng Kris wéi déi vum Covid-19 evitéieren.

Mir Piraten begrëissen dës Projet de loi, dee virgesäit, Entreprisen, déi an d'Lutte géint de Covid-19 investéieren, finanziell ze ënnerstëtzen. Dës Hëllef ka bis zu 100 % errechen. Mir sollten allerdingen och bedenken, datt elo ewell verschidden Entreprisë Problemer hunn, fir liquid ze bleiwen. Dofir wier et wichteg gewiescht, de selektionéierten Entreprisen d'Akkonten direkt ausbezuelen, fir datt se och wierklech d'Méiglechkeet hunn, direkt „duerzefuerschen“.

Och sollte mer bedenken, datt verschidde Fuerschungsprojete laang Zäit brauchen an datt den zäitleche Kader, deen elo gesat gouf, eventuell nach eng kéier misst ausgedeeent ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Perennitéit vum Règlement grand-ducal, deen a la base vun dësem Projet steet, ze assureieren, mussen mer gemeinsam hannert dësem Projet stoen. Mir kënnen eis et net erlaben, datt Firmen, déi an d'Lutte géint de Coronavirus investéieren, a finanziell Schwierigkeete kommen. Mir müssen d'Fuerschung op dësem Gebitt aktiv encouragéieren. Duerfir begrëisse mir, datt d'Hëlfechen esou héich ugesat sinn, datt d'Regierung bereet ass, sech de Kampf géint de Virus eppes kaschten ze loosse.

Quitte datt dës Projet de loi op enger Kommunikatioun vun der Europäescher Kommissioun fousst, ass et och vun eisem Land aus e positiivt Signal, wat mer no baussen ausstralen. Dat ass e Statement och fir d'Zukunft: Mir Lëtzebuerg, mir Europa sinn endlech bereet, d'Fuerschung a sa juste valeur unzekerennen an dran ze investéieren.

A jo, och wann net all Fuerschungsprojet vun engem Succès wäert gekréint sinn - et ass nun emol Fuerschung, an do kann een och emol erausfannen, datt d'Pist, déi ee verfollegt huet, net funktionéiert -, kënne mer eis sécher sinn, datt d'Recherche ni fir näischt ass. Well och erausfannen, datt eng Pist net funktionéiert, heescht, datt deen Nächsten net nach eng kéier déi Feeler muss begoen. Et seet een esou schéin: „Mir kënne just esou wäit gesinn, well mer op de Schëllere vu Gigante sinn.“ A genau dat ass an der Fuerschung de Fall: All Resultat baut op d'Resultater vun deenen, déi virdru komm sinn, op. An deementspreechend ass Recherche ni fir näischt.

Här President, ech wëll awer och vun der Geleeënheet hei nach profitéieren, fir am Numm vun de Piraten en Appell ze lancéieren un d'Regierung: Mir müssen an Zukunft vun all verdéngtem Euro e ganzen Deel direkt an d'Fuerschung fléisse loosse, dat net nëmme um Niveau vun der Fuerschung géint de Covid-19, mee spéider och op anere Gebidder.

Mir müssen innovativ bleiwen. Mir mussen selbstverständlech an naturwëssenschaftlech Recherche investéieren, ma ech maachen awer och en Appell, fir déi humanwëssenschaftlech Recherche net ze vergiessen. Well mir brauchen als Europa an och als Lëtzebuerg eng staark Iddi, e staarke Softpower, e staarkt humanwëssenschaftlecht Fundament, fir datt mir och weiderhin heiheem a queesch duerch d'Welt kënne brilléieren an eis Matière grise kënnen an d'Vitriinn stellen.

Dat gesot, stëmme mir dës Projet haut mat. Ech soen lech Merci.

► **M. Marc Goergen** (Piraten).- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.



Prise de position du Gouvernement

► **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*.- Merci, Här President. Vrop e grouse Merci un de Claude Haagen, de Rapporteur, fir säi ganz gudden a komplette Rapport an och merci un all d'Deputéiert fir dese gudden Debat.

Et ass gesot ginn: Déi Mesuren hei hëllefen, datt mer Produktiouns- a Recherchecapacitéiten zu Lëtzebuerg kënnen opbauen a mobiliséieren, fir an esou Krise wéi déi, déi mer elo amgaang sinn ze duerchliwwen, manner ofhängeg vum Ausland ze ginn.

Ech mengen, ech brauch net op de Projet zrëckzekommen, de Rapporteur huet dat komplett gemaach, mee ech géif gären eng Partie Informatiounen ginn, konkreet Informatiounen, an och op déi verschidde Remarken a Froen agoen, déi vun den Deputéierte gemaach goufen.

Bis elo ass nach keng Aide ausbezuelt ginn ënnert dësem neie Régime d'aides, mee et sinn awer eng ganz Rei vun Entreprises, vu Lëtzeburgerer Betriber, déi sech manifestéiert hunn, fir vun dëse Mesurë kënnen ze profitéieren. Konkreet si bis elo fënnel Demanden erakomm fir eng Fuerschungshëllef a siwene Demandë fir eng Investitiounshëllef.

Ëm wat geet et bei dëse Projeten? Bei de Fuerschungsdossieren handelt et sech engersäits ëm Projete fir Diagnostiktester, Dekontaminatiounsprozeduren oder och nach fir Stécker fir Beootmungsmaschinen ze entwéckelen. Bei den Investitiounsprojeten, also bei deene Projeten, wou Betriber hir Produktioun ëmgestallt hunn, geet et ënner anerem ëm d'Produktioun vu Chirurgie- an FFP2-Masken, Visiëren oder och nach Diagnostikskitten.

De globale Montant vun deenen RDI-Hëllef läit elo bei 800.000 Euro a bei ëm déi 4,6 Milliounen Euro fir d'Investitiounsprojeten. Et ass awer esou, dass nieft dësen zwielef Demanden, déi schonn erakomm sinn, nach eng ganz Rei aner Projeten an der Pipeline sinn, déi bei Luxinnovation amgaang si beschafft ze ginn. Mir kréien do gesot, dass nach ongeféier eng 15 Dossieren do sinn, mat deene mer nach kënnen rechnen an deenen nächste Wochen a Méint.

Déi Zuele weisen wierklech d'Kompetenzen, de Savoir-faire, dee mer hei zu Lëtzebuerg allgemeng hunn an der Lutte géint de Covid-19. Dat stëmmt een zouversichtlech, well dat weist, dass eis Entreprise flénk sinn, dass se sech kënnen schnell a flexibel astellen op esou eng Situatioun wéi dës an och eeben hir Produktioun kënnen ëmstellen.

D'Betriber, déi vun dësen Hëllefsmesurë profitéieren, viséiere meeschtens net nëmmen de Lëtzeburger Marché, mee och de Marché vun der Groussregioun, voire souguer de ganzen europäesche Bannemaart.

De Risk, dass mer länger Zäit mussen mat dësem Virus liewen, dee besteet. Deen ass reell. Dat wësse mer allegueren. A souguer wann dëse Virus fort ass, ass et de Risk, dass en neie Virus kënnt. Also ass et ganz gutt, dass eis Betriber dofir Produiten entwéckele fir Lëtzebuerg a fir aner EU-Länner, fir dass mer kënnen dorop zrëckgräifen an eis eeben, wéi gesot, hei manner ofhängeg maache vum Ausland, wat jo eng generell Erkenntnis ass, déi mer an dëser Kris gemaach hunn. Och dorop sinn eng Rei Riedner agang.

Ech géif gären elo op verschidde Remarken a Froen agoen, déi Verschiddener vun lech gemaach hunn. Ech si fir d'éischt emol frou, dass dëse Projet awer trotzdem eng ganz breet Zoustëmmung hei an der Chamber fënn. An de Laurent Mosar huet hei zwee Bemollen ugemellt zu dësem Projet, op déi ech wollt agoen, an och op eng Partie anerer vu senge Remarken.

En huet fir d'éischt bemängelt, dass keng Avancë géifen ausbezuelt ginn. De Claude Haagen ass scho kuerz dorobber agang: Et ass net ganz richtig. D'Gesetz gesäit effektiv vir, dass, wann ee Betrib net genuch Liquiditéiten huet, fir e Projet bis zum Schluss duerchzeféieren, da kann en Akkonte kréien am Kader vun esou engem Régime d'aides. An e kann au fur et à mesure déi Suen zur Verfügung gestallt kréien, fir säi Projet och effektiv duerchzeféieren, mat engem Sold vun 20 % bis 30 %, deenen dann eréischt zum Schluss kritt, wann de Projet effektiv bis fäerdeg ass.

Fir de Rescht, mengen ech, ass et esou, dass Betriber, déi gären dat heite sollicitéieren, fir Recherche ze maachen oder Investissementer an hire Produktiounsapparat ze maachen, och nach aner Aidë kënnen beusprochen. Dir wësst, dass mer ganzer 40 Mesurë gemaach hunn an deem éischte Stabiliséierungspak an 23 Mesuren am Neistart-Programm, déi allegueren entweder Liquiditéiten, Direkthëllef, Délai-de-paiementen, mee awer och remboursabel Avancen oder Moratoire virginn.

Deen zweete Kritikpunkt, deen Der gemaach hutt, Här Mosar, dee betrëfft d'Exigence, fir eng Autorisation d'établissement ze hunn. Do ass et esou, dass de Betrib bei der Demande am Fong theoreetesch nach keng Autorisation d'établissement brauch, wann e seng Demande mécht. E muss se effektiv hunn, wann en da seng Produktioun bis lancéiert, wat jo och effektiv ... An hei si mer meeschtens am Beräich vun industrieller Produktioun, jo, och munchmol vu klengeren a méttlere Betriber. Mee dat sinn alles Betriber, déi normalerweis mat enger Autorisation d'établissement ënnerwee sinn, wa se dann effektiv déi Schutzkleedung oder déi aner Méttelen am Kampf géint de Covid-19 hierstellen.

Bei de Startuppen ass et esou, dass mer eng Rei aner Saache gemaach hunn. De Concours StartupsVsCovid19 ass genannt ginn. Mir hunn och d'Aidë bei de Startuppen eropgesat um Niveau vun den Hëllef, wou mer op op d'mannst 70 % vom Kofinanzement eropgaange si bei Projete mat maximum 800.000 Euro. Och dat ass eng relativ substanzuell Hëllef fir Startuppen, soudass ech mengen, dass een net ka soen, dass fir d'Startuppen hei effektiv guer näischt gemaach gouf oder dass dee Punkt do mat den Autorisations d'établissement och effektiv esou problematesch ass, op d'mannst am Kontext vun dësem Projet d'aides.

Dann ass gesot ginn ...

(Interruption par M. Laurent Mosar)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Fayot, erlaabt Der, datt den Här Mosar lech eng Fro stellt?

► **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*.- Loosst mech wannechgelift fäerdegmaachen. Da maacht Der dat duerno, wann Der wëllt.

Dir hutt och gesot, dass Der d'Moratoiren zwar begreist, mee Dir hutt nach eng Kéier gesot, wat Der schonn e puermol hei gesot hutt, dass déi Staatsgarantien do net fonctionéieren. Ech mengen, do ass et esou, dass mer hei an dëser Kris an engem Marathon sinn, net an engem Sprint. Dat ass eng Kris, déi sech vläicht nach iwwer eng länger Zäit erauszitt. Ech sinn der Meenung, dass een net elo scho ka soen, dass déi Garantie d'État do guer net fonctionéiert.

Ech mengen wierklech, dass et nach ze vill fréi ass dofir, well et eng ganz Rei Betriber gëtt, déi effektiv elo dee Moratoire kruten, déi amgaang sinn, sech ze froen, ob se nach méi spéit ... An et wäert sech warscheinlech am Hierscht, voire eréischt um Enn vum Joer ausstellen, ob se e weidere Besoin de financement hunn. An da sinn ech iwwerzeegt, dass se sech wäerten iwwerleeden, ob se dann dee Moment op déi Garantie d'État do wëllen zrëckgräifen.

Ech mengen wierklech, dass et fir de Moment esou ass, dass eng ganz Rei Betriber nach auskomme mat hiren existente Kredittméiglechkeeten. Mir wëssen och vun de Banken, dass et ganz vill Betriber gëtt, déi hir existent Ligne-de-créditen nach net ganz epuiséiert hunn. Dat heescht, do besteet nach bei ganz villen eng Marge de manœuvre, soudass ech wierklech mengen, dass een déi Staatsgarantien do net kann à ce stade als e Flopp bezeichnen, dass et nach dofir ze fréi ass.

Dir hutt dann och kritiséiert, dass mer ze laang brauchen, fir déi Aidendossieren do ze behandelen. Dat ass effektiv eppes, wat an der Haaptsaach an der Direktioun vun de Classes moyennes bei eis am Haus gemaach gëtt. Dir wësst awer, dass mer deen Échange haten an der Wirtschaftskommissioun, zesumme mam Lex Delles, wou Der erkläert krut, dass wierklech do alles gemaach gëtt, fir dat esou schnell wéi méiglech ze behandelen, dass déi Aiden och elo schnell ausbezuelt ginn, dass déi Dossiere beschafft ginn, dass an deem éischten Instrument vun den Aides directes effektiv eng ganz Rei Refusen derbäi waren, well dat schlecht verstane gouf oder well effektiv sech do vill Leit gemellt hunn, déi dee Moment net eligibel waren. Dofir, Dir wësst och, dass do nogebessert ginn ass par la suite an dass déi ganz Independanten an aner PMEen do nach duerno eppes nokruten an effektiv och elo adequat gehollef kréien.

Aus deene Grënn mengen ech zu Ärer Motioun, dass déi Motioun do a mengen Aen net wierklech fundéiert ass, dass se e bësse laanscht den Objektiv vun dësem Régime d'aides läit. An aus deem Grond géif ech och d'Chamber invitéieren, fir déi Motioun hei net ze stëmmen.

Voilà! Pour le reste, mengen ech, sinn och vun anere Riedner eng ganz Rei interessant Saache gesot ginn. Den Här Baum huet nach eng Kéier kritiséiert, dass mer hei am Fong eppes géife maachen, wou mer aus de Lektione vun dëser Kris net richtig geléiert hätten. E seet: „Dir hutt net richtig verstanen, dass mer müssen essenziell Gidder fir d'éischt emol identifizéieren an dann erëm zrëck an d'Europäesch Unioun bréngen.“ Ech mengen awer, Här Baum, dass dat eng Lektione ass, déi geléiert ginn ass. Ech gesinn dat am Conseil des ministres vun der

Kompetitivitéit. Do ass duerchaus verstane ginn, ...

► **M. André Bauler** (DP).- Ganz genee!

► **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*.- ... dass et eng Partie strateegesch Industrie gëtt, déi mer müssen zrëckbréngen an Europa. Et gëtt eng Politik gemaach elo vun der Europäescher Commissioun an do komme Propose fir eng ganz Partie Secteuren, Ecosystemer, déi solle strateegesch wierklech erëm zrëckbruecht ginn an Europa mat deenen néidegen Investitiounen, déi mussen gemaach ginn an deene Beräicher, soudass ech wierklech mengen, dass déi Prise de conscience do ass.

An dat ass natierlech eng Politik, déi mir och als Lëtzebuerg encouragéieren, déi mir matginn. Dat ass net nëmmen de Green Deal, dat ass net nëmmen d'Digitalisatioun, mee dat sinn och wierklech strateegesch Industrien, wou mer verstanen hunn, dass mer se hei brauchen am Beräich vun der Santé, awer net nëmmen. An ech mengen schonn, dass do eng Prise de conscience do ass an deene Beräicher.

Voilà! Dat gesot, géif ech lech Merci soe fir déi breet Zoustëmmung zu dësem Projet de loi a Merci soe fir d'Nolauschteren.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Fayot. An da géif ech dem Här Mosar d'Wuert ginn.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, fir d'éischt merci dem Här Minister fir déi trotzdem ganz vill nach zousätzlech Informatiounen. Ech wollt awer nach eng Kéier op déi dräi Punkten zrëckkommen, well ech mech da vläicht net kloer genuch ausgedréckt hunn, fir dat nach eng Kéier ze preziséieren.

Éischstens: Dat, wat eis stéiert bei deenen Akkonten, ass, dass eng Entreprise muss fir d'éischt nowiesen, datt se keng Liquiditéiten huet. Ech mengen, et gi vill Projeten an der Wirtschaft normalerweis gemaach. Déi strecke sech normalerweis iwwer Méint oder kënnen sech iwwer Jore strecken. An déi ginn normalerweis ëmmer bezuelt iwwer Akkonten. Do gëtt an deene seltenste Fäll alles eréischt zum Schluss bezuelt.

Dat wat mir hei kritiséieren, ass, datt een eigentlech net automatesch ka vun Akkonte profitéieren. Esou wéi mir den Text liesen - mee Dir kënnt mech awer gär verbessern -, muss een eigentlech nowiesen, datt ee keng Liquiditéiten huet. Dat ass dat Éischt.

Dann dat Zweet, dat ass wierklech awer eng fundamental Fro, Här Wirtschaftsminister. Wann Der och eis Motioun liest, déi ass generell gehalten. Déi spillt fir dëse Projet ... oder si ka souwiesou elo net méi spillen, well mer jo elo de Projet stëmmen. Mee déi ass generell. An do geet et wierklech ëm e fundamentale Problem bei all deenen Aiden! An ech hunn et virduen ënnerstrach, datt ëmmer systematesch eng Konditioun dran ass, datt déi Entreprisë müssen eng Handelsgeneemegung hunn. Elo kréie mir permanent hei gesot - d'Madame Hansen huet mer elo just nach vun engem Beispill gezielt -: „Et ginn eng ganz Rei vun Entreprises, notament hei an der Recherche, déi brauche keng Handelsgeneemegung.“ Vum Gesetz hier brauchen déi keng! Dat ass nun emol einfach e Constat.

Ech kann lech och nach eng Kéier hei virlesen, wat d'Chambre de Commerce seet. An dat si jo wierklech awer Leit, déi permanent och mat där doter Thematik ze dinn hunn. Ech zitéieren hei d'Chambre de Commerce: « En effet, le champ d'application du projet, tel que modifié par les amendements, reste trop restrictif en raison du maintien de l'autorisation d'établissement comme prérequis à l'accès à cette aide. Or, une autorisation de commerce n'est pas requise pour certaines activités [...] ». »

Et ass awer nun, mat allem Respekt, Här Wirtschaftsminister, et ass awer e Fait, dat doten! An duerfir froe mir hei eigentlech an eiser Motioun eppes, dat ass, datt dat doten nach eng Kéier evaluéiert gëtt an datt gekuckt gëtt, ob wierklech all Entreprises hei drënnerfalen. Eisen Informatiounen no ass dat net de Fall.

Wann Dir eis elo iwwerzeegt, datt dat esou ass, da musst Der vläicht och eng Kéier de Chambres professionnelles dat soen, well déi gesinn dat genauso wéi mir. Duerfir, nach eng Kéier: Et geet net just nëmmen hei ëm dëse Projet, mee et geet generell ëm déi dote Konditioun. Mir wëlle proaktiv a produktiv hei matschaffen. Dat do ass manifestement e Problem. Duerfir, och wann Der se elo net haut wëllt unhuelen, da kommt, mir renvoyéiere se zumindest an déi zoustänneg Commissioun a mir diskutéieren eng Kéier doriwwer! Well et geet awer net duer, einfach nëmmen ze soen: „Dat ass net esoul“, an do sinn awer Entreprises domadder konfrontéiert.

Dann eng drëtt Observatioun nach eng Kéier iwwert déi Staatsgarantie-Emprunten. Ech

mengen, Här Wirtschaftsminister, an ech sinn net deen Eenzege, wann Der mat de Leit, den Entrepreneuren an och de Banquiere schwätzt, ass et einfach esou, datt d'Konditiounen vun der Stee hei ze deier sinn. Déi sinn einfach ze deier! Kommt, mir maachen eis näischt vir! Dat ass d'ailleurs dat, wat ech deemools, wéi de Projet hei an der Chambre zur Diskussioun war, och dem Finanzminister gesot hunn. Et ass méi bëlle, eng Entreprise, déi geet einfach bei hir Hausbank. Do sinn d'Konditiounen vum Prêt méi interessant, wéi wa se iwwert deenen heite Wee geet.

An duerfir mengen ech, wa mer wierklech wëllen d'Attraktivitéit vun deem Instrument do vergréisseren, mussen mer nach eng Kéier iwwert d'Konditiounen schwätzen.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Mosar. An ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Fayot.

► **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*.- Jo, merci, Här President. Bon, ech mengen, déi Geschicht mat der Autorisation d'établissement, do hunn ech probéiert, lech drop ze äntwerten. Ech wëll lech och soen, mat allem Respekt fir d'Chambre de Commerce, mir sinn hei an der Chambre des Députés, dat heescht, mir huelen hei eis, oder Dir huet Är Decisiounen. Ech weess, dass Der déi Avisen do liest an dass dat och gutt ass, dass een dat seriö hëlt.

Mir huelen dat och seriö. Ech sinn der Meenung, dass déi Betriber vun dësen Aiden hei, déi hei wierklech viséiert sinn, dass dat der sinn, déi an deenen allermeeschte Fäll, kommt, mir soen, dass dat an 99 % vun de Fäll där sinn, déi eng Autorisation d'établissement brauchen, well se eppes produzéieren, well se eppes verkaufen, well se Saache maachen, wou se eeben eng Handelsermächtigung hunn.

Et ka sinn, dass der e puer derbäi sinn, wou dat net de Fall ass. Mee ech mengen wierklech, dass dat hei an deene meeschte Fäll esou ass. Ech kann dat gären nach eng Kéier, mir kënnen dat gären nach eng Kéier analyséieren am Ministère. Guer kee Problem! Mee, wéi gesot, dat ass meng Meenung, mat allem Respekt, wéi gesot, fir verschiddenen Avisen vun deenen engen oder deenen aneren.

Dat anert, gutt, ech mengen, bei de Staatsgarantien, Dir wësst, dass do muss eng Commissioun gefrot ginn. Déi ass ganz niddreg. Dat ass eng Exigence vun der Europäescher Commissioun ënnert dem europäesche Regimm, Framework fir d'Staatshëllef. Ech mengen, wann een esou e Kredit brauch, dann ass dat net ..., da sinn dat adequat Konditiounen, och wat den Taux ugeet vun deene Kreditter.

Ech weess awer, dass et nawell eng Partie Betriber gëtt, déi Kreditter huelen ouni Staatsgarantie. Dat ass jo och gutt esou. Mee ech mengen, nach eng Kéier, dass ee wierklech muss ofwaarden, bis ee kann en definitive Jugement maachen iwwert dat Instrument vun deene Staatsgarantien, dass et nach e bësse fréi ass, fir dat elo wierklech als en Echec ofzeschreiwen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Dann hat den Här Bauler nach d'Wuert gefrot.

► **M. André Bauler** (DP).- Jo, merci, Här President. Ech kann lech entloossen, Här Minister. Ech wollt einfach nëmmen drop reagéieren.

Ech wollt effektiv zu de Staatsgarantië ganz kuerz eppes soen. Mir hate schön eng Kéier eng Analys an der Commission des Finances et du Budget dozou gemaach. An, wéi den Här Fayot richtig preziséiert huet, däréi een elo net vergiessen, datt mer an der Phas si vun de Moratoiren. Et si jo, wéi de Finanzminister gesot hat, Dausende vu Moratoire bis ewell accordéiert ginn. Wa meng Souvenire gutt sinn, mengen ech, si mer an der Perspektiv vu 7.000, 8.000 Moratoiren.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- 18.000.

► **M. André Bauler** (DP).- 18.000 souguer! Tant mieux.

An dann ass och gesot ginn, datt gekuckt gëtt, wann et nëmme méiglech ass, klassesch Präten ze maachen, Kreditter ze accordéieren, ier een dann zu deem aneren Instrument kënnt. Mee et war jo einfach gesot ginn, datt et de Moment ze fréi ass an datt mer sollten am Hierscht, wann d'Geschäftsjoer sech weiterentwéckelt huet, nach eng Kéier deen do Dossier op de Metier huele fir ze kucken, wéi wäit dat Instrument da genotzt ginn ass.

Mir sollten dat maachen. Ech hat et och versprach. A mir wäerten dat och maachen,



Här Mosar. Insofern huet den Här Fayot jo och betount, datt een an Etappen do eigentlech muss denken.

Nach eng aner Remark. Ech hat eng Remark gemaach zur Solidaritéit tëschent den Natiounen. Ech wëll do absolutt net falsch verstane ginn. Ech hu just dorunner geduecht, well mir als Lëtzebuurger Land e ganz gutt Beispill u Solidaritéit ginn hunn, wéi mir am Klinickswiesen eebe Patienten aus dem Grand Est hei zu Lëtzebuerg opgeholl hunn, well mir eebe Plaz haten op eisen Intensivstationen a well mir eebe Material haten, fir déi Patiente bei eis ze accueilléieren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. André Bauler (DP).**- An dat war am Fong dat, wat ech gemengt hunn, net méi an net manner. Ech si keen, deen hei dremt a vu Solidaritéite schwätzt - déi et net gëtt, däers sinn ech mer duerchaus bewosst.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Här Bauler fir déi dote Remarken. D'Diskussion ass domat ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7559. Den Text steet am Document parlementaire 7559⁸.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7559 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

De Vott ass domat ofgeschloss an dese Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentionen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Hansen), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da kéime mer zur Diskussioun respektiv zum Vott vun der Motioun. Ass nach een, deen eppes zur Motioun wëllt soen?

(Négation)

Da kënne mer och iwwert d'Motioun ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

De Vott fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Ech maachen dann den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par M. Michel Wolter), Marc Spautz, Serge Wilmes (par

M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

7. 7598 - Projet de loi portant dérogation à l'article 3, paragraphe 5, de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil

Da kënne mer zum Projet de loi 7598 iwwert de Wunnengsloyer kommen. Ech ginn d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi an dat ass déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova. Madamm Ahmedova, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Logement

► **Mme Semiray Ahmedova (déi gréng), rapportrice.**- Merci, Här President. Léif Kollegeginnen a Kollegen, ech stellen lech haut e mëndleche Rapport vir zum Gesetzesprojet 7598 iwwer en temporäert Verbuet vu Loyersehéijung. Konkreet geet et bei dësem Projet drëm, all Erhéijung vun engem Loyer bis Enn vun dësem Joer ze verbidden, an dat am Kader vum Bail-à-usage-d'habitations-Gesetz Artikel 3 Paragraf 5 vum 21. September 2006.

Fir vill Matbiergerinnen a Matbierger huet dës sanitär Kris vum Covid-19 och en direkten Impakt op de Revenu. Vill Betriber hu missen zougemaach ginn a vill Salariéen hu sech an engem Chômage partiel erëmfonnt. Och elo am Deconfinement drëit d'Aktivitéit vu ville Betriber nach méi lues. An doduerjer kënn et bei ville Leit zu engem empfindleche Kafkraafverloscht. Wann an esou enger Situatioun nach zousätzlech eng Erhéijung vum Loyer derbäikéim, wier dat fatal fir den Haushalt.

Dofir huet d'Regierung dës Mesure am Kader vum Etat de crise a konform mam Artikel 32 Paragraf 4 vun der Verfassung den 20. Mee 2020 decidéiert. Um Enn vum Etat de crise soll dës Gesetzesprojet 7598 dës Mesure elo bis Enn vum Joer verlängeren. Doduerjer dass mir all Erhéijung vun engem Loyer am Kader vum 2006er Gesetz verbidden, ginn d'Locataire um private Wunnengsmarché geschützt.

Et bleift natierlech dem Propriétaire fräigestallt, säi Loyer temporär ze senke bezéiungsweis mat sengem Locataire eng Staffellung auszuhandelen, wann dës Retard beim Bezuele vu sengem Loyer hätt. De Locataire bleift also weiderhi gebonnen u säi Loyer, esou wéi et a sengem Kontrakt festgeschriwwen ass.

Ech wëll elo kuerz op d'Aarbechte vun der Logementskommissioun agoen. Dës Gesetzesprojet gouf den 22. Mee 2020 deponéiert. Am Avis vum Staatsrot vum 12. Juni weist de Staatsrot dorop hin, datt d'Referenz vum Datum vum Enn vum Etat de crise als Ufanksdatum vun dëser Mesure géif zu enger Diskontinuitéit vun dëser féieren. Fir dësem Problem aus dem Wee ze goen, huet sech d'Logementskommissioun der Proposition vum Staatsrot ugeschloss an de Gesetzesprojet ugepasst, andeems dës Referenz einfach gestrach gouf.

D'Avis vun der Chambre de Commerce a Chambre des Salariés sinn alle béid favorabel. Si gesinn an dësem Gesetzesprojet eng Mesure, déi déi wirtschaftlech Situatioun vun engem Locataire schützt. D'Chambre de Commerce mierkt un, datt een eng vergläichbar Mesure och hätt misse fir d'Baux commerciaux dekreteieren. D'Chambre des Salariés suggeréiert, datt de Legislateur eng Senkung oder souguer a gewëssene Fäll eng komplett Aussetzung vum Loyer promouwéiere sollt.

Well et sech heibäi ëm e Gesetzesprojet handelt, deen d'Regierung am Kader vum Kampf géint d'Auswierkunge vun der Pandemie vum Covid-19 op de Wee bruecht huet, huet eis Logementskommissioun ënner engem gewëssenen Zäitdruck geschafft. Dofir profitéieren ech op dëser Plaz dovun, fir de Membere vun der Logementskommissioun och Merci ze soen.

De Projet de rapport ass dann och de 15. Juni eestëmmege an der Logementskommissioun ugeholl ginn. Ech wëll awer och all deene Merci soen, déi un dësem Gesetzesprojet natierlech matgewierkt hunn.

Heimadder ginn ech dann och am Numm vun der gréngr Fraktioun den Accord zu dësem Gesetzesprojet an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Ahmedova. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Lies agedroen. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Marc Lies (CSV).**- Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech soen och der Rapportrice Merci, fir dat Gesetz eng Kéier erkläert ze hunn. An ech mengen, mir liewen an engem ganz spezielle Joer, mat där ganzer Kris, déi d'ganz Land an natierlech dann awer och alleguerten déi Leit, déi loune ginn, betrëfft, wou natierlech Problemer si bei deem engen, bei deem aneren, deen eventuell seng Plaz verluer huet, dee manner Revenu hat, doduerch dann och an d'Laberente komm ass, wann et drëm gaangen ass, fir de Loyer ze bezuelen. Duerfir mengen ech, datt dat hei e wichtegt Gesetz ass, fir datt bis Enn des Joers keng Hausse vum Loyer da soll gemaach ginn.

Ben, ech mengen, och de Propriétaire huet d'Méiglechkeet, Arrangementer ze treffen mat de Locataire, wou sécherlech tëschent Propriétaire a Locataire nach eng Méiglechkeet besteet, fir dorop kënne ze reagéieren. Duerfir wäert och d'CSV dëst Gesetz matdroen.

Ech wëllt awer och dervu profitéieren, vu datt mer an deene leschte Wochen a Méint opgrond vun der Kris och festgestallt hunn, datt notament och de Bau méi deier ginn ass: Do si verschidde Constructeuren, Promoteuren, déi am Kader vun enger VEFA, Vente en l'état futur d'achèvement, dann och hire Clienté scho matgedeelt hunn, datt sécherlech de Bau vun deem ganzen Haus, Appartement, wat och ëmmer, datt dat méi deier wäert ginn.

An dësem Beräich hu mer à ce stade awer nach weider keng Hëllef gesinn. Ech wollt hei nach eng Kéier rappéléieren, datt d'CSV Enn lescht Joer eng Rei vu Proposition-de-loien do gemaach huet an awer och eng Rei vu Motiounen eragereecht huet, wou et notament ëm de bëllegen Akt gaangen ass, awer och drëm gaangen ass, fir de Fräibetrag op der TVA vu 50.000 op 100.000 Euro an d'Luucht ze setzen. An ech mengen, dës wären och wichteg Outilen, notament well d'Präisser an deene leschten zéng Joer am Schnëtt ëm 70 % an d'Luucht gaange sinn, datt och den „Hauslebauer“ muer oder iwwermuer vläicht déi eng oder déi aner Hëllef vum Staat kéint kréien.

Duerfir, fir d'Locataire: 100 % d'accord! Mee et sollt een awer och no deene Leit kucken, déi sech haut oder muer oder iwwermuer wëllen eng Wunneng leeschten.

An dësem Sënn nach eng Kéier merci fir d'Wuert an ech ginn heimat och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Lies. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Max Hahn (DP).**- Merci, Här President. Jo, wat soll ee soen, wann eng Rapportrice esou komplett war, wéi dat hei de Fall war? „Net méi vill“, kënn Der elo soen. Dann hutt Der Recht. Ech géif dat och esou dobäi beloosen. Ech géif dann heimat awer der Rapportrice e grouse Merci ausspriche souwuel fir dee schrëftleche wéi och dee mëndleche Rapport.

An ech géif dann heimat och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei ginn. Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Hahn. An d'Wuert geet weider un den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Merci, Här President. Selbstverständlech ënnerstëtzt d'LSAP-Fraktioun dës Gesetzesprojet, well an der Kris sinn déi Fragillt nach méi fragill wéi déi aner. A fragill Stéit fënn ee méi oft a Mietwunnenge wéi an Eegenheemer. Dofir ass déi Decisioun hei gutt, fir déi Moosnamen, déi am Rame vun der Krisereglementéierung geholl gi sinn, bis zum Enn vum Joer ze verlängeren, dat heescht, d'Loyer net à la lettre, wéi dat am normale Gesetz virgesinn ass, all zwee Joer kënnen ze erhéien oder ze adaptéieren, mee eng Schounfrist ze gewäre bis den 31. Dezember.

Aus den Avisa vum de Beruffschambere geet ervir, dass dat hei e gudd Schrëtt ass, mee dass déi méi grouss Schrëtt nach follege mus-

sen. Dat ass och eis Iwwerzeegung, zesumme mat dem Wunnungsbauministère a sämtleche Kollegen hei an der Chamber. Hei ass eng Noutmoosnam, wou hannendrun déi Pläng musse kommen, dass mer erschwéngleche Mietwunnengen absolutt Prioritéit musse gi bei deene grouse Wunnprojeten, déi mir maachen, an och bei méi kleng Wunnprojeten. Rezent Beispiller weisen an déi richteg Richtung. Och wann ech der Meenung sinn, dass bei ganz, ganz grouse Projeten dee Prozentsaz vun deene 25 % ganz bescheiden ass a mer duerchaus do kënnen nach eng Schëpp uleëen.

Interessant ass och déi Bemierkung vun der Chambre de Commerce, dass een am Sog vun dese Moosnamen, déi de Loyer bei de Privathaushalter aféieren, eppes Anlech kéint virgesi bei de Geschäftsloyeren. Och do steet Eenzelen d'Waasser bis zum Hals.

Ech deelen d'Suerg vu mengem Virriedner, dem Marc Lies, dass et net ka sinn, dass elo am Sog vun der Kris bei zukünftigen Eegenheembesëtzer deenen d'Messer vun de Bauunternehme kann op d'Broscht gesat ginn, dass se entweder relativ héich Zomme musse bezuelen oder, wéi dat zu engem gewëssenen Zäitpunkt ausgesinn huet, net méi weidergebaut géif ginn. Dat nennt een op gutt Lëtzebuergesch en Erpressungsversuch! Bon, dat huet sech e bëssen decantéiert. Mee et misst een awer déi Méibelaaschtung seriö kënnen ënnert d'Lupp huele fir ze kucken, wat d'Realitéit ass a wou dovun profitéiert gëtt, fir Präisser zu Onrecht ze adaptéieren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Dat gesot, ass och am Avis vun der Chambre des Salariés drop higewise ginn, dass dee Projet hei net de Problem léist vun deene besonnesch Vulnerabelen, déi weeder en Eegenheem nach eng erschwénglech Mietwunnung hunn. Dat ass och net, mengen ech, de Sënn vun dësem Projet. Dat musse mer iwwer aner Weeër maachen. An ech mengen, do ass d'Regierung op engem gudden Wee, grad ewéi se op engem gudden Wee war, dass se garantéiert huet duerch den Aarbechtsminister, dass trotz Chômage partiel kee ka manner wéi de Mountmindestloun verdéngen. Well wann een ënnert de Mindestloun géif falen, da muss ee mer erklären, wéi een iwwerhaupt nach säi Loyer ka bezuelen.

Dat gesot, fënn dës Projet d'Ënnerstëtzung vun eiser Fraktioun, an all déi Moosnamen, déi nach wärte kommen, fir den erschwéngleche Wunnengsbau erëm erschwénglech ze maachen, gradesou. Well déi Coronakris, déi wäert iergendeng Kéier eriwuer sinn. D'Wunnengskris, déi wäert iwwert d'Coronakris ewechgoen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Di Bartolomeo. An da geet d'Wuert bei den honorabelen Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Merci, Här President, ech wëll och am Numm vun der ADR der Madamm Semiray Ahmedova Merci soe fir dee ganz prezise Rapport.

Dësen Text ass souwuel als sozial Mesure wéi awer och aus der Siicht vun nationaler Solidaritéit eng ganz wonnerbar Iddi. An ech géif hoffen, dass dës Regierung aner wonnerbar Iddie géif verfolge, wéi zum Beispill d'Kafkraaft ze stäerken duerch eng Baisse vun der TVA.

Mir ginn dësem Text also eis Zoustëmmung.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Reding. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Jo, och merci der Rapportrice, déi dat wierklech ganz komplett gemaach huet.

Mir wäerte selbstverständlech och dee Projet de loi matdroen, well en u sech awer an déi richteg Richtung geet. Mir hate schonn e puer Diskussiounen och mam Här Logementsminister doriwwer, notament wat eis Motioun ugeet, déi mer deposéiert haten, wou et drëms geet justement, datt een net nëmmen d'Loyere géliert, mee datt een och derfir suert, datt se erofginn. Well de Problem ass jo deen, datt mer ... Ech si mer jo bewosst, datt dat jo keng eenzel Mesure ass vum Logementsministère, mee elo wäerten d'Loyeren net méi kënnen eropgoe bis den 31. Dezember. Wuel wëssend, datt d'Loyeren elo schonn eenditeg ze héich sinn! Dat heescht, et wäert de Misär just e bësse manner schlëmm maachen.

Mee ech mengen, an dat steet jo och am Avis vun der Chambre des Salariés, si soen dat selwer: Et ass evident, datt d'Sozialkris nach méi schaarf wäert sinn, och nom 31. Dezember 2020, datt et vläicht wierklech ganz haart gëtt an datt d'Leit och déi aktuell Loyeren einfach net méi wäerte kënnen bezuelen. Dat heescht,



dee Gel wäert warscheinlech, esou wéi d'Chambre des Salariés dat och seet - ech mengen, datt mer an déi Richtung musse goen -, iwwert den 31. Dezember 2020 missen erausgoen. D'Chambre des Salariés geet relativ wäit, si seet: „op e puer Joren“ - firwat net? Well da géif ee vläicht déi iwwerdriwwer Loyerer, déi gefrot ginn um Marché, e bësse méi wettmaachen. Wann ee vu Solidaritéit schwätzt, d'Solidaritéit fänkt jo ëmmer uewen un. Et ass jo dat, datt déi, déi douewe sëtzen an déi, déi am meeschten hunn, déi musse méi ofginn.

Bon, d'Fro stellt sech, an ech hoffe wierklech, datt d'Propriétaires wäerte matschaffen! Well et muss een awer och kontrolléieren, ob se dat wäerte respektéieren. Wéi gëtt dat kontrolléiert? Well ech weess och net, ob jiddweree weess, Dir wësst jo, et ass e Kräfteverhältnes tëschent dem Propriétaire an dem Locataire. An d'Kräfteverhältnes ass ëmmer en faveur vum Propriétaire. Ech hoffen ...

(Brouhaha)

Jo! Et si vill Propriétaires, déi hei sëtzen. Ech weess net, wéi dat ass, Propriétaire ze sinn. Mee ech weess op jidde Fall, wéi et ass, Locataire ze sinn. Mee, jo, okay!

(Interruption)

Nee, nee, nee, nee! Et ass ee besser drun am Prinzip, wann ee Propriétaire ass wéi e Locataire. Also et soll ee mir elo awer keng Geschichten erzielen! A wann et esou schwéier ass, Propriétaire ze ginn, dann därfe een och Locataire ginn. Da kann een alles ofginn. Wann dat wierklech esou schwéier ass, plus, Dieu, da kann een dat jo ëmdréien.

Ech hat awer och den Avis vun der Chambre de Commerce gelies. Ech muss dat méi oft maachen, well ech hu mech awer gutt ameséiert. Si si gutt! Si schreiwten, ...

(Hilarité)

... si soen: „Passt op, ...

► **Une voix.** - Wat huet e gesot?!

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - ... ulala, net datt d'Locataires elo mengen, datt dat op éiweg wäert daueren! Also mir ënnerstëtzen dat, mee nom 31. Dezember 2020, da bezuele se erëm! An dann erhéije mer erëm, da kënnen mer erëm erhéijen.“ Si hunn e bësse Angscht.

Anerersäits soe se och, an dat sot d'Madamm Ahmedova jo och, anerersäits soe se och: „Jo, et misst een eppes ënnerhuelen, wat de Bail commercial ugeet“ - et ass zwar eng aner Gesetzgebung, et ass en plus, mengen ech, en anere Ministère -, well d'Betribler och ze vill héich Loyere musse bezuelen, d'Commercen an esou weider. Wat och stëmmt.

An do ass et relativ interessant, well et mierkt een, datt d'Chambre de Commerce u sech zwee kontradiktoresch Interesse vertritt. Si musse sech eens ginn. Well engersäits vertrieede se d'Interesse vun de Betribler, déi ze héich Loyer musse bezuelen. Anerersäits vertrieede se och d'Interesse vu Sociétés, déi an den Immobilie sinn an déi dofir zoustänneg sinn, datt d'Loyerer esou héich sinn! An do mierkt een, datt se bei der Chambre de Commerce esou e bësse „boguen“, esou: „Wat geschitt elo? Wiem musse mer elo Rechnung droen?“ Also an eise Jargon nenne mer dat „kapitalintern Kontradiktionen“, an et ass immens witzeg, deem nozekucken, well se do net richtig eens ginn.

Op jidde Fall, mengen ech, si mir eis all eens, an den Här Di Bartolomeo huet dat jo och virdu gesot: „Dat wäert nach laang daueren.“ Mir sinn eis däers bewosst. An ech mengen, dat heiten ass e kleng Schrëtt an déi richteg Richtung. Et muss een och hoffen, datt et gräift. An ech hoffen awer och, datt mer éischter der Chambre des Salariés nolauschere wéi der Chambre de Commerce, wann et drëms geet, et weiderzeféieren.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wagner. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Goergen (Piraten).** - Merci, Här President. Merci der Madamm Semiray Ahmedova fir deen exzellente Rapport. Mir Piraten wäerten d'Zoustëmmung zu dësem Gesetzestext ginn.

Et ass nun emol esou, dass iwwert de Covid déi Leit, déi Loyer ze bezuelen hunn, och an eng schwierig Situatioun komm sinn. An all Mesure, déi d'Regierung hält, fir déi Leit, déi loune ginn, ze ënnerstëtzen an och fir dass de Loyer net exorbitant an d'Luucht geet, kënnen mir nëmmen ënnerstëtzen. A mir géiffe begreifen, wann d'Regierung méi esou Moosnamen an déi Richtung géif huelen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Logementsminister Henri Kox.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Henri Kox, Ministre du Logement.** - Här President, merci fir d'Wuert. Merci awer och virun allem emol fir d'éischt der Rapportrice fir den exzellente Rapport, dee si gemaach huet. Dofir wollt ech net allze vill inhaltlech nach eng kéier drop agoen. Ech wollt awer profitéieren, fir zu deenen engen oder anere Remarken, déi hei gesot gi sinn, kuerz awer eppes ze soen. Vlächcht wichteg nach virauszeschécken: Effektiv gräife mer hei an d'Bail-à-loyers-Gesetz an. A mir gräifen an e Marché an, deen um private Secteur ass. Dat heescht, den Artikel, deen hei sech bezitt (veuillez lire: den Artikel, ëm deen et hei geet), dee bezitt sech op déi privat Loyerer, déi um Marché libre u sech gestalt ginn. E bezitt sech net op déi öffentlech Wunnengen, déi mir zu abordabele Präisser eise Leit zur Verfügung stellen.

Dat erlaabt mer vlächcht, indirekt och eng Äntwert op dat ze ginn, wat virun hei gesot ginn ass, déi an déi Piste sollte mer nach verfolge. Ech mengen, ech hu meng lwwerschrëft iwwert déi Wunnengspolitik, déi ech wëllt méi an nei kadréieren, ënnert de Motto gestallt „cibléiert Wunnengsbaupolitik“, nämlech cibléiert do, wou de Manktum am gréissten ass. An dat wësse mer alleguerten, dat ass am Locatiounsbereich. Dat heescht, mir mussen all zesummen, net nëmmen de Staat, net nëmmen d'Gemengen, net nëmmen d'öffentlech Promoteuren, an deem Beräich intervenéieren, fir och déi Gréisstméiglech mat an d'Boot ze huelen an natierlech och déi Privat net ze vergiessen, Moyenen zur Verfügung ze stellen, dass déi dat och kënnen maachen.

Dat Zweet, wat ech wëllt soen, dat sinn dräi Begrëffer, déi mir awer och ganz wichteg sinn. Dat ass éischstens „effentlech“, zweetens „abordabel“ an drëttens „nohalteg“.

Ech menge mat „effentlech“ déi Wunnengen, déi haut um Marché sinn am effentleche Beräich. Déi, déi do wunnen, brauche sech keng Suergen ze maachen, dass de Loyer géif explozéieren, well déi bezuelen e Loyer, deen ass pro rata hirem Taux d'effort, deen net ze vill héich ass. Mir wäerten an zwou Wochen an der Familljekommissioun zesummen och mat der Logementskommissioun eng nei Etüd presentéieren, déi vum LISER ausgeschafft gëtt, wou et grad ëm den Taux d'effort geet, deen déi Eenzel musse um Privatmarché opbréngen. Dofir ass dat effentleche Wunnengsbau. An dofir wär ech frou, wa mer d'Gemeenge mam Pacte Logement an d'Boot krite, fir dass dat och kann ëmgestat ginn.

„Abordabel“, an dat ass och schonn des Éfteren hei gesot ginn: abordabel net nëmme fir déi, déi am ënneschte Beräich sinn, mee déi Abordabilitéit geet méi wäit an d'Mëttelschicht eran. A mir mussen do och eppes presentéieren, fir déi Offer och an d'Luucht ze setzen.

An dat Drëtt ass awer e Begrëff, deen och wichteg ass, dat ass d'Nohaltegkeet. Dir wësst, an der Vergaangenheet hu mer effentleche Wunnengsbau gemaach, dee mer um private Marché verluer hunn. Dofir steet d'Nohaltegkeet net onbedéngt fir en nohaltege Wunnengsbau - dee mer souwisou musse maachen no de Klimaeerausforderungen -, mee Nohaltegkeet an der Längt vun der Offer, fir dass d'Wunnengen och längerfristeg an der Abordabilitéit bleiwen. An am beschten natierlech an der effentlecher Hand, wa se schonn eng kéier an der effentlecher Hand waren.

Dofir, mir wäerten an der Kommissioun ... An de Moien hate mer d'Méiglechkeet, och nach eng kéier iwwert de Bail à loyer ze schwätzen: Wéi ass et mat dem Capital investi? Mir haten de Moien eng ganz interessant Etüd, an ech wäert och do mat dem Bail à loyer mat enger gewëssener Transparenz an Novollzéibarkeet, wat de Capital investi ugeet, an d'Chamberkommissioun kommen, fir dann och d'DP ..., d'Gesetz, pardon, net ...

Ech weess net, firwat ech elo op d'DP komm sinn!

► **M. André Bauler (DP).** - Ech froe mech dat och! Mee ech hat lech emol guer net gekuckt!

► **M. Henri Kox Ministre du Logement.** - Dat war elo ..., dat ass elo méi ...

(Brouhaha)

... fir d'Gesetz dann nach virum Summer wëllen ze depotéieren.

Ech soen lech Merci fir d'Ënnerstëtzung.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kox. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7598. Den Text steet am Document parlementaire 7598⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7598 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmme. Duerno

maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen, wannechgelift.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Marc Lies), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par M. Michel Wolter), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

8. 7586 - Projet de loi portant adaptation temporaire de certaines modalités procédurales en matière pénale

Mir kommen elo zum Projet de loi 7586, eng zäitweileg Upassung vu verschiddene Prozedurvirschrëften. An ech ginn d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

► **Mme Carole Hartmann (DP), rapportrice.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, beim Projet de loi 7586 geet et, wéi de President elo grad gesot huet, ëm temporaire Adaptatiounen vun eiser Procédure pénale fir d'Post-état-de-crise-Zäit. Mir verlängeren hei eng Rei vu Mesuren, déi während dem État de crise op Basis vu groussherzogleche Reglementer geholl goufen.

Initial hat dëse Projet a sengem éischten Artikel virgesinn, wéini a vu wem d'Masken an de Sitzungssall vun all eise Juridictione misste gedroe ginn. Vu dass mer an den Hauptgesetzer vun der Sortie de crise awer keng generaliséiert Maskepflicht méi virgesinn, quitte dass d'Maske recommandéiert bleiwen, hu mer dësen Artikel am Endeffekt aus dem Projet erausgeholl. Wann an engem Sitzungssall Leit sech ze no géife kommen, kann awer de Président vun der Chamber - iwwer säi Pouvoir de police - froen, dass déi generell sanitär Reegelen vun de Leit sollen agehale ginn.

Duerch d'Ewechfale vun dësem generellen Artikel iwwert d'Maske betrëfft dëse Projet de loi elo effektiv just déi stroferechtlech Prozeduren. De Parquet vu Lëtzebuerg huet, par rapport zum Champ d'application vun dësem Text, a sengem Avis opgeworf, dass d'Prozeduren, déi vum 1992er Gesetz iwwert d'Protection de la jeunesse virgesi ginn, net explizitt an eisem Projet de loi opgefouert goufen. Allerdéngs hält den Artikel 19 vum Gesetz vun 1992 explizitt fest, dass all d'Dispositionen, déi d'Poursuite pénale viséieren, sech op d'Prozedure vum Jugendschutz uwenden. De Projet huet dowéinst net missen amendéiert ginn. Mir hunn de Renvoi vum Artikel 19 awer am Commentaire des articles preziséiert.

Mat dësem Projet de loi bleift et weiderhi méiglech, eng ganz Rei u juristeschen Demarchen, déi normalerweis a physischer Presenz gemaach ginn, iwwer Telekommunikatiounen ze erlaben. Do wou en Zesummekommen net dréngend néideg ass, soll domat d'Sécherheet vu jiddwerengem beschtméiglech garantéiert an de Risiko vun enger zweeter Covidwell minimiséiert ginn.

Konkreet gesäit de Projet vir, dass Ordonnancen vu Perquisitionen oder Saisiën vun Dokumenter, Donnéeën oder och vu Fongen an Objeten och kënnen schrëftlech zougestallt ginn, dat via Lettre recommandée, Fax oder och souguer per E-Mail. Solit eng Persoun refuséieren, déi ordonnéiert Informatiounen oder Objeten erauszeginn, riskéiert si eng Amende. An der Kommissioun ass preziséiert ginn, dass dës no Ampleur vun dem respektive Fall festgeluecht gëtt. Dës Strof soll awer net direkt spillen, wann eng Kommunikatioun ouni Äntwert bleift. Wann een net reagéiert, gëtt probéiert, anescht un déi Persoun ze kommen. An eréischt wann en effektive Refus do ass, fir der Ordonnanz nozekommen, si mer an enger Infraction.

Da gëtt dëse Projet d'Méiglechkeet, fir Auditiounen vun Zeie per Telefon oder Video ze maachen. Vu dass d'Procès-verbalen an deem Fall net materiell kënnen ënnerschriwwen ginn, ginn d'Auditiounen opgeholl fir de Fall, wou et zu Contestatiounen par rapport zu deem, wat ausgesot gouf, kënn.

Eng Persoun, déi festgeholl gëtt oder am Prisong ass an déi muss gehéiert ginn, huet d'Recht, vun engem Affekot assistéiert ze sinn a sech am Virfeld vun engem Interrogatoire mat hirem Affekot ze ënnerhalen. An deem Kontext gesäit de Projet vir, dass dës zwou Assistenzen och kënnen per Video oder per Telefon assuréiert ginn. Wichteg ze soen, an och vum Staatsrot ervirgestrach, ass, dass dës Assistenz per Video oder Telefon just eng Fakultéit, also keng Obligatioun, ass. Dat heescht, den Affekot kann och weiderhi physisch derbäi sinn.

De Projet de loi viséiert dann eng ganz Rei u Prozeduren, wou et am Normalfall zu Depoten um Geriicht kënn respektiv wou d'Affekote mëndlech, dat heescht a physischer Presenz, um Geriicht plädéieren. Et ass virgesinn, dass d'Demande fir eng Nullitéit, eng Restitutioun oder eng Mise en liberté ze froen nach iwwert d'Zäit vum État de crise eraus op Dossier, also ouni physisch Presenz vun de Parteien, den Affekoten an dem Parquet kënnen verhandelt ginn.

An dësem Kontext huet de Parquet vun Dikrech a sengem Avis regrettéiert, dass et domat an esou sensibele Matière wéi der Mise en liberté net zu engem kontradiktoreschen Debat kënn an dass den Ugekloten esou net d'Méiglechkeet kritt, fir sech virun de Richter ze expriméieren.

Am selwechte Sënn ass eis Kommissioun virgeschter nach mat engem Avis vun den Avocats pénalistes befaasst ginn, deen d'Wichtigkeet vun de mëndleche Verhandlungen am Strofrecht ënnersträicht. Mir hunn zréckbehalen, dass mer dësen Avis an enger nächster Kommissiounssëtzung analyséieren an dann decidéieren, ob le cas échéant Upassungen misste gemaach ginn.

Och bei den Appeller géint Decisiounen vum Untersuchungsrichter, vun der Chambre du conseil oder géint Decisiounen, déi generell net de Fong vun enger Affär betreffen, ass virgesinn, weiderhin d'mëndlech Prozedur, déi während der Kris temporaire opgehuewe gouf, duerch eng schrëftlech Prozedur mat kuerzen Delaien ze ersetzen.

Wann ee géint e stroferechtlech Urteel an Appell wëllt goen, gesäit eis Legislatioun vir, dass een eng Déclaration d'appel um Geriicht muss ofginn. Mir bleiwen elo temporaire dobäi, dass dës Appeller all kënnen „par tous moyens écrits“, also notament och per E-Mail, gemaach ginn.

Bei all dësen temporären Derogatiounen, wou mat E-Mail ka geschafft ginn, gouf et eng Diskussioun doriwwer, ob dës E-Mailen eng Signature électronique drop mussen hunn. D'Autorités judiciaires hunn dëst Element generell begréisst. De Staatsrot huet eis allerdéngs zur Kohärenz opgeruff, well d'Signature électronique net generaliséiert, och notament net an der Procédure civile virgesinn ass. Mir sinn dësem Avis nogaangen a gesinn elo just nëmme vir, dass d'Transmissionen och kënnen par voie électronique gemaach ginn.

Och d'Exécution des peines ass an dësem Projet de loi viséiert. Sou kënnen weiderhin Exécutions fractionnées vu Prisongsstrofen ugefrot ginn, an dat net nëmme wéi normalerweis, wann een nach ee Joer misst am Prisong bleiwen, mee och wann een nach eng Strof vu bis zu dräi Joer ofzesëtzen huet. An d'Chambre de l'application des peines kann, wéi virdu bei den Appeller, déi agereecht ginn, och par tous moyens écrits saiséiert ginn.

Wat d'Dauer vun dësem Gesetz ugeet, ass virgesinn, dass dëst bis den 31. Dezember 2020 en vigueur bleift. Et ass zu dësem Zäitpunkt net